



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. 6818 - Projet de loi portant création d'une école internationale publique à Differdange

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles
- Discussion générale: Mme Martine Hansen, M. Eugène Berger (intervention de Mme Martine Hansen), Mme Tess Burton, M. Claude Adam (intervention de Mme Martine Hansen), M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner
- Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de Mme Martine Hansen et M. Claude Wiseler)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution par M. Alex Bodry

- M. Alex Bodry

4. 6863 - Projet de loi abrogeant la loi du 7 août 2002 portant création du Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe

- Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. André Bauler
- Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. Lex Delles, Mme Taina Bofferdig, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser
- Prise de position du Gouvernement: M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 6827 - Projet de loi modifiant la loi du 19 décembre 2014 facilitant l'échange transfrontalier d'informations concernant les infractions en matière de sécurité routière

- Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
- Discussion générale: M. Marco Schank, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. Fernand Kartheiser
- Prise de position du Gouvernement: M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 6805 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire afin de transposer la décision 2009/426/JAI du Conseil du 16 décembre 2008 sur le renforcement d'Eurojust et modifiant la décision 2002/187/JAI instituant Eurojust afin de renforcer la lutte contre les formes graves de criminalité

- Rapport de la Commission juridique: M. Marc Angel
- Discussion générale: Mme Octavie Modert, Mme Simone Beissel, Mme Josée Lorsché, M. Serge Urbany
- Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice
- M. Serge Urbany (parole après ministre), M. Félix Braz, Ministre de la Justice
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 6926 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux pétitions publiques

- Rapport de la Commission du Règlement: M. Gast Gibéryen
- Discussion générale: M. Marco Schank, M. Eugène Berger, M. David Wagner, Mme Cécile Hemmen, M. Roberto Traversini
- Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Félix Braz, Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres; M. Marc Hansen, Ministre délégué; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech maachen d'Sézung op a froen direkt d'Regie-rung, ob se eis eppes matzedeele huet.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Näischt, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci villmools. Da kënne mer direkt zur Fortsetzung vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an zwar zum Projet de loi 6818, deen de Fonctionnement vun enger Internationaler Schoul zu Déifferdeng soll regelen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

(Brouhaha)

An déi an der zweeter Rei sollen elo direkt roueg sinn!

(Hilarité)

2. 6818 - Projet de loi portant création d'une école internationale publique à Differdange

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Dat ass de Buergermeeschter vun Déifferdeng, en ass nervös.

(Hilarité)

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zilsetzung vum virleiende Projet de loi, deen den 20. Abrëll 2015 vum Éducationnsminister déposéiert gouf, besteet an der Diversifikatioun vun der Offer an eisem Schoulssystem. Mat deem Text soll näämlech zu Déifferdeng eng ëffentlech International Schoul nom Modell vun enger Europaschoul entstoën. Nodeems d'Chamber am November vum leschte Joer gréng Luucht ginn huet fir de Bau vun deem entspreichende Schoulgebai, geet et haut drëm, fir dëst Gebai mat engem pädagogesche Konzept ze fëllen.

Eng vun deene gréissten Erausforderunge vun eiser Schoul, wann net souguer déi gréissten, ass déi vun där ëmmer méi heterogener Schoulpopulatioun. Derbäi kënnt, dass ëmmer méi Kanner an eise Schoulen doheem kee Lëtzebuergesch schwätzen, wat opgrond vun där spezieller Sproochesituatioun vun eisem Enseignement hir Integratioun an eis Schoul net onbedéngt méi einfach mécht.

Als Äntwert op dës Froen huet d'Regierung, wéi gesot, decidéiert, fir zu Déifferdeng eng

International Schoul an d'Liewen ze ruffen. Mat dëser Décisioun gi mir eng Äntwert op gläich zwou Entwécklungen: Engersäits besteet zanter längerer Zäit am Süde vum Land a speziell am Raum Déifferdeng eng grouss Demande no engem neie Lycée, anerersäits ass duerch d'Im-plantatioun vun der Uni Lëtzebuerg op Esch/Belval an domadder verbounne mat der Néierloossung vun enger ganzer Rei vun internationalen Entreprises d'Bevëlkerung an dëser Regioun an deene leschte Joren ëmmer méi international ginn.

Et ass a mengen Aen net falsch, wann een d'Mise en place vun där neier agreéierter Europaschoul och eng Kéier aus dem wirtschaftleche Bléckfeld kuckt. E breet opgestalltene Bildungssystem mat enger diversifizierter Offer ass en Atout fir de Standuert Lëtzebuerg. Ëmmer méi Entreprisë kucken, wa se nei op Lëtzebuerg kommen, drop, ob hir Leit op där Plaz och eng entspreichend schoulesch Offer fir hir Kanner fanne kënnen.

Här President, et ass dem Stat seng Verantwortung, fir den ëffentleche Schoulssystem esou auserichten, dass all Kand, onofhängeg vu sengem sproochlechen oder kulturellen Hannergrond, d'Chance huet, an der Schoul ze réusséieren. D'Schafe vun deeneselwechte Startchancen ass an deene leschte Joren net méi einfach ginn, mä gëtt duerch déi nei International Schoul mat Sécherheet awer verbessert. Dës Schoul stellt net nëmme fir auslännesch Kanner, déi hir ganz Schoulcarrière an eisem Schoulssystem duerchlafen, mä och fir déi Kanner, déi nëmme fir eng bestëmmten Zäit zu Lëtzebuerg wunnen a liewen, eng adequat Äntwert duer.

Déi nei Schoul wäert dobäi no de Prinzipie vun enger agreéierter Europaschoul funktionnéieren. Contrairement zu deenen zwou aneren Europaschoulen, déi et de Moment schonn zu Lëtzebuerg gëtt, wäert déi Déifferdenger Schoul éischters ëffentlech a gratis sinn an zweetens op si fir all Schüler. Dëst ass wichteg ze wëssen.

An deene leschte Wochen a Méint sinn näämlech eng Rei vu falschen Informatiounen an deem Zesummenhang zirkuléiert. Dofir betounen ech hei nach eng Kéier: Bei där neier Schoul handelt et sech ëm eng ëffentlech an net ëm eng privat Schoul. Et gëtt kee Minerval gefrot an d'Schoul ass och net reservéiert fir Kanner vun Europabeamten, mä op fir all Kanner, egal ob Lëtzeburger oder Netlëtzeburger, déi kënnen an dës Schoul goen.

Et ass keng Eliteschoul fir Besservedänger, mä eng Schoul wéi all aner ëffentlech Schoul och, just, dass et hei eng grouss Neierung gëtt, an zwar déi mam neie Sproochekonzept. Déi ugebuede Formatiounen ginn entweder an d'Richtung vun engem europäesche Baccalauréat oder awer an d'Formation professionnelle.

Déi nei International Schoul wäert insgesamt dräi Ordres d'enseignement hunn: en éischten, eng europäesch Grondschoul, en zweeten, en europäesche Secondaire an drëtzens e Régime préparatoire fir d'Europaschoul.

D'Schoul wäert zwou Sproochesektiounen ubidden: eng franséischsproocheg an eng engleschsproocheg. Zousätzlech zur Sprooch vun der jeeweileger Sektioon kënnen d'Schüler am Fondamental eng weider Sprooch wielen. Hei hu se de Choix tëschent véier Sproochen: dem Franséischen, dem Däitschen, dem Engleschen an awer och dem Portugiseschen. Op dës Manéier wäert et fir eng ganz Rei vun net lëtzebuergesche Kanner méiglech sinn, hir Mammesprooch an der Schoul kënnen ze gebrauchen, an am Secondaire wielen d'Schüler dann eng drëtt Sprooch ënnert deene véier scho genannten aus.

D'Léieren an de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch sinn obligatoresch fir all Kanner an der Grondschoul an op den ënneschte Klasse vum Secondaire. Et ass also net esou, wéi béiswëlleg Zongen heiansdo behaapten, dass déi Lëtzeburger Sprooch guer keng Roll géif spillen an dass mer eis Sprooch an dëser Schoul géifen opginn an dass d'Kanner hei iwwerhaupt kee Lëtzebuergesch bräichten ze léieren oder ze schwätzen oder eben als Kommunikatioun esou mateneen ze hunn. Dat ass einfach nëmme falsch! Dat stëmmt net! Lëtzebuergesch ass an dëser Schoul d'Integratiounssprooch!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Här President, opgrond vun där grousser Demande no enger Schoul, wéi se mat deem Text soll entstoën, sollen déi éischt Klasse vun där neier Schoul fir déi kommend Rentrée ufänken. Well dat neit Gebai bis dohinner natierlech nach net ka fäerdeg sinn, ass virgesinn, dass déi nei Schoul wäert an zwee verschidde Gebaier ufänken, déi elo schonn existéieren. D'Klassen aus dem Primaire wäerten an engem Gebai vun der Stad Déifferdeng, wat de Stat wäert lounen, ënnerbruecht ginn, an d'Klassen aus dem Secondaire an dem Régime préparatoire wäerten am Gebai vun der aler Déifferdenger sougenannter „Léierbud“ funktionnéieren.

Et ass virgesinn, dass um Plateau du Funiculaire dräi nei Gebaier sollen entstoën. En éischt Gebai mat enger Capacitéit vu 450 Schüler, wat am September 2015 soll prett sinn, wäert ufanks d'Schüler aus dem Secondaire an...

(Interruption)

Pardon, 2017. Merci villmools, dass Der esou gutt oppasst!

...aus dem Secondaire an aus dem Préparatoire ophuelen. Vun der Rentrée 2020/2021 u wäert dann nach just de Régime préparatoire an deem Gebai ënnerbruecht sinn.

En zweet Gebai, mat enger Capacitéit vu ronn 250 Schüler, wat bis September 2018 soll fäerdeggestallt sinn, ass fir de Primaire virgesinn. D'Stad Déifferdeng wäert dës Gebaier baue loossen. An de Stat wäert se bei hirer Mise en service kafen.

D'Hauptgebai, souzesoen d'Kärstéck vun der neier Déifferdenger Schoul, soll bis zur Rentrée 2020/2021 fäerdeg sinn. Dëst Gebai, an deem de Secondaire wäert ënnerbruecht ginn, gëtt direkt vum Stat gebaut. Insgesamt soll déi nei Schoul eng Kéier 1.400 Schüler kënnen ophuelen.

Här President, ech hat virdru vun där grousser Nofro no esou enger Internationaler Schoul geschwat. Dofir, och wann aktuell nach keen neit Gebai do ass, wäert d'International Schoul hir Dieren am September opmaachen, an zwar mat enger frankofoner an enger engleschsproocheger éischter Klass am Primaire, zwou franséischsproochege Klassen an enger engleschsproocheger Klass am éischte Joer vum Secondaire, zwou Klassen am Préparatoire an zwou Classes d'accueil fir Primo-arrivants.

Nieft deem, wann een esou soe kann, klassische Werdegang vun enger Europaschoul ass awer och virgesinn, dass et Klassen aus dem Régime préparatoire an där neier Schoul wäert ginn. Dës Klassen hunn als Zil, engersäits déi Schüler, déi nom Primaire nach net prett si fir de Secondaire, op dës Regimm ze preparéieren, fir dass si méi spët kënnen aklammen, respektiv anerersäits sollen hei d'Schüler och kënnen de Wee an d'Formation professionnelle fannen. De Régime préparatoire berout a senge grouse Linnen op den Elementer vun deem aktuelle Lëtzeburger Régime préparatoire, wäert awer, virun allem wat d'Sproochen ugeet, e ganz anere Charakter kréien.

Fir kënnen en Agrément als Europaschoul ze kréien, déi Coursé bis zum Baccalauréat européen ubitt, muss déi Schoul niewent dem Secondaire och e Primaire ubidden. Aus deem Grond wäerten och ëmmer mindestens zwou Klassen an deem Regimm funktionnéieren, eng frankofon an eng engleschsproocheg Sektioon.

Déi nei Schoul zu Déifferdeng wäert eng Betreuung vun de Schüler ubidden, déi iwwert déi reng Unterrichtszeiten erausgeet. D'Kanner wäerte vu moies hallwer acht bis owes sechs op deem Site sinn. Ausserhalb vun der Schoulzäit wäerten d'Schüler betreit ginn. An dëser Offer wäerten et ënner anerem Cours d'appui ginn, Remédiationsmesuren, kulturell, sportlech oder wëssenschaftlech Aktivitéiten, awer och zousätzlech fakultativ Schoulstonnen.

Fir dës Betreuung ze assuréieren, awer och fir am Kader vun de Surveillancé kënnen agesat ze ginn, wäert eng entspreichend Zuel vun Educateuren an Educateur-graduéeen agestallt ginn. Si wäerten an Zesummenaarbecht mam Léier-



personal zoustänneg fir déi ausserschoulesch Betreuung sinn.

Meng Zäit erlaabt et mer leider net, fir op all eenzel pädagogesch Neierung a Spezifisitéit vun där neier Schoul anzegoen; dës sinn awer ausféierlech am schrëftleche Rapport enthalten.

Här President, ech kommen elo zu deenen eenzelnen Avisen, ugefaange mam Avis vum Statsrot. A sengem éischten Avis vum 10. November 2015 huet de Statsrot betount, dass de Projet vun der Internationaler Schoul eng Äntwert op déi wuessend Heterogenitéit vun eiser Schoulpopulatioun duerstellt. Eng méi breet Opstellung, och um sproochlechen Niveau, vun eise Bildungssystem war noutwendeg.

Och wann de Statsrot vum Grondsaz hier mam Projet averstane war, esou huet hien dach eng Rei vun Opposition-formell formuléiert. Esou huet de Statsrot, wat d'Organisatioun vun där neier Schoul ugeet, gemengt, dass am Hibleck op d'Gesetz vum 25. Juni 2004, wat d'Organisatioun vun de Lycéeën regelt, misst méi genee prezisiéiert ginn, wat fir eng Artikelen vun deem Gesetz fir dës Schoul gëllen a wat fir eng eben eventuell net fir dës Schoul gëllen.

Wat déi ursprénglech virgesinnen Opnameprozedur fir déi nei Schüler ugeet - hei sollt e spezielle Comité an d'Liewe geruff ginn -, war de Statsrot der Iwwerzeugung, dass dës net am Aklang mam Artikel 23 vun der Verfassung war an huet sech hei och formell opposéiert. Dese Comité ass dann och aus dem Text gestrach ginn.

Och hat de Conseil d'État grouss Bedenken, wat d'Organisatioun vu spezifische Formatiounen duerch d'Schoul selwer ugeet. Hei war hien der Meinung, dass deen nei geschafenen IFEN eleng fir d'Weiterbildung vun Léierpersonal zoustänneg war. De Statsrot huet des Weiteren a sengem Avis drop higewisen, dass déi nei Schoul net iwwer eng Personalitéit juridique verfüge géif an deemno och keng Konventioun kéint ofschléissen.

D'Kommissioun huet de Remarquë vum Statsrot an enger Rei vun Amendementer Rechnung gedroen, déi de Conseil d'État a sengem zweeten Avis vum 18. Dezember 2015 guttgeheescht huet.

Här President, zu den Avisa vum de Beruffskummere:

D'Chambre de Commerce begréisst an hirem Avis vum 22. Mee 2015 ausdrécklech d'Schafe vun där neier Schoul. Allerdéngs werft si och d'Fro op, ob et net méi sénnvoll gewiescht war, nei Sproochefilière landeswäit anzeféieren, amplaz an enger eenzegger spezifischer Schoul.

Och d'Salariatskummer schwätzt sech an hirem Avis vum 10. Juni 2015 a priori fir de Projet vun der Internationaler Schoul zu Déifferdeng aus. Der Chambre des Salariés no dierft et schwierig sinn, dat néidegt Personal mat deenen entspreche Sproochekenntnisser fir dës Schoul kennen ze rekrutéieren.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis den 18. Juni publizéiert. An deem Text werft si eng Rei vu Froen op, ënner anerem awer och iwwert de Rekrutement vun den néidegen „native speakers“ oder och nach déi vun den Aarbechtskonditiounen vum Léierpersonal an dëser neier Schoul.

D'Chambre des Métiers fir hiren Deel begréisst an hirem Avis vum 29. Juni 2015 ausdrécklech der Regierung hir Initiativ an hofft, dass déi nei Schoul e Beispill gëtt fir eng méi oppen an differenziéiert Approche a Saachen Alphabetisatioun a Sproochenunterricht an eise Schoulssystem.

Fir den Detail zu alle Rapporte (veuillez lire: allen Avisa) verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Här President, zum Schluss wëll ech nach e puer Leit Merci soen. Merci de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Éducatiounskommissioun an dem Minister, natierlech senge Beamte fir déi konstruktiv a gutt Zesummenaarbecht, déi mer an der Kommissioun hate bei deem wichtege Projet. Merci awer och der Madamm Merges, der Kommissiounssekretärin, an dem Här Modert fir hir Ënnerstëtzung beim Rapport.

Domat soen ech lech och Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Rapporteur. Éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Martine Hansen fir d'CSV.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Merci, Här President. Den Här Rapporteur huet mam Merci opgehale, da fänken ech mam Merci un. Ech soe villmools Merci dem Rapporteur, dem Lex Delles, fir den ausféierleche Rapport, dee schrëftlechen an awer och dee mëndlechen.

Den Déifferdanger Lycée war jo geplangt 2007 als ganz normale Lycée a gëtt elo eng agreéiert Europaschoul. Eng agreéiert Europaschoul be-reet par définition konsequent op de Baccalauréat européen vir an ënnerscheet sech natierlech vun deenen anere Lycéeën virun allem duerch déi ugebuede Sproochen.

Ech wëll ufänke mat e puer allgemenge Froen, ier ech zu deem Projet de loi an dem Detail kommen.

Eng éischt Fro, déi sech natierlech opdrängt an déi, mengen ech, och den Här Buergermeeschter sécherlech interesséiert, ass, ob mer wierklech kee klasseschen technesche Lycée méi zu Déifferdang an Ëmgéigend brauchen. Dës Fro drängt sech dann natierlech virun allem fir déi Leit aus der Géigend op. An ech denken, dass den Här Minister eis do nach eng Kéier dat Ganzt am Detail erkläert.

Eng zweet...

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*). - Mir kréien nach een.

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Den Här Buergermeeschter mengt, e krit nach ee Lycée.

Eng zweet Fro ass: Mécht esou eng agreéiert Europaschoul hei zu Lëtzebuerg Sënn? De Bedarf schéngt do ze sinn. En ass och erkläert ginn. En ass och beluecht oder e gëtt beluecht engersäits duerch déi Klassen, déi an där normaler Europaschoul „akaaft“ si vum Stat an déi direkt beluecht gi sinn, an natierlech och duerch eisen Aarbechtsmaart. An, si huet ee grouse Virdeel: De Konzept steet, en ass an der Praxis gepréift a mir brauchen e just ze iwwerhuelen.

Mam Prinzip vun der agreéierter Europaschoul kënne mer als CSV sécherlech averstane sinn. An hei muss ech dem Här Minister soen, am Konträr zu senger Ausso vum de Moien, dass mer am Ufank och nach zimlech begeeschtert waren.

Eng drëtt allgemeng Fro ass: Mécht esou eng Schoul speziell zu Déifferdang Sënn oder war se besser méi zentral am Land geleeën? Wann ech dovunner ausginn, dass mer eiser Gréisst no keng Multitude vun agreéierten Europaschoule kréien - Italien huet der zwou, Frankräich huet der zwou -, war eng zentral Lag natierlech wichteg. Am Exposé des motifs, den Här Lex Delles ass och drop agaangen, gëtt awer duergeluecht, dass dës Schoul virun allem am Pôle sud gebraucht gëtt, opgrond vun der Zesummesetzung vun der Bevëlkerung an opgrond vun der Uni mat hirem Personal. Duerfir wëll ech de Standuert op dëser Plaz net hanerfroen.

► **Une voix.** - Ah!

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Eng véiert Fro, eng allgemeng, ass natierlech: Ass de Prinzip vun enger École européenne d'Léisung fir eis Sproocheproblematik? Do soe mer: Fir bac-fäeg Kanner a Jugendlecher mam Zil Bac européen ass dat do sécherlech eng gutt Chance. Fir déi aner ass dës net d'Léisung. An ech wäert hei nach drop agoen.

Sou, ech kommen dann elo konkret zum Projet vun der Déifferdanger Europaschoul, der „École internationale à Differdange“.

Ech beschreiwen et net méi. Et sinn zwou Sektione virgesinn. Et ass de Primaire an et ass de Secondaire. An, am Géigesaz zu deenen aneren agreéierten Europaschoulen, gesäit dës Projet de loi och de Régime préparatoire vir.

Wat awer elo e bëssen anescht ass, wéi dat am Exposé des motifs steet: Am Exposé des motifs stoung, dass mer am Secondaire géifen zwou Frankofonklassen an zwou Anglofonklassen ufänken. Ech hu gëschter an der Zeitung gelies, et war just nach eng anglofon - den Här Lex Delles sot dat och elo esou. Da ginn ech emol dovunner aus, dass dat esou ass.

Et stoung och am Exposé des motifs, et géife véier Klassen am Régime préparatoire ufänken. Gëschter hunn ech an der Zeitung gelies: dräi. Haut sot den Här Delles, et wären der zwou an zwou Accueil. Dat heescht, ech ginn och dovunner aus, dass den Här Delles richteg informéiert ass.

Och nach wichteg ze wëssen, wann een dës Projet gäre wëllt analyséieren, ass, dass eben de Fonctionnement dem Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën a Lycée-techniquen ënnerläit, dass de Régime préparatoire an d'Classe-d'accueil och deem Gesetz ënnerleien, an dass just deen Deel vum Enseignement européen no de Programm vun enger Europaschoul fonctionnéiert.

Et ass och nach wichteg ze wëssen, dass dës Schoul am Géigesaz zu den akaaftene Klassen an der Europaschoul gratis ass. Mir hunn also elo op där enger Säit Elteren, déi hir Kanner zum Beispill zu Mamer an der Europaschoul umellen, well si vläicht do wunnen. Dës Eltere mussen fir hir Ausbildung bezuelen. An op där

anerer Säit hu mer Elteren, déi hir Kanner zu Déifferdang umellen, well si wahrscheinlech och do an der Géigend wunnen. Dës Eltere mussen net bezuelen.

Zu deem Punkt war et interessant, vum Här Minister ze héieren, ob hien dës ongläich Behandlung esou wëllt bäibehalen oder ob en do amgang ass, no Léisungen ze sichen.

Speziell am Déifferdanger Lycée ass och, dass eng Ganzdagsbetreiung offréiert gëtt an dass de Lycée deementspriedend mat Personal dotéiert gëtt. Dës Ganzdagsbetreiung ass gratis. Ech stellen eng Fro, déi ech schonn eng Kéier gestallt hat: Firwat gëtt am Sënn vun der Chancégerechtigkeit net zumindest an all Géigend vum Land esou eng gratis Betreiung ugebueden? Firwat kënne zu Déifferdang d'Elteren ouni Bezuelung op dës Betreiung zrëckgräifen? Firwat mussen d'Elteren zum Beispill am Norde vum Land ee Semi-Internat bezuelen?

D'lescht Joer, do hat den Här Minister mer op eng deementspriedend Question parlementaire geäntwert, dass hien amgang war, e globaalt Konzept auszuschaffen. Do war et elo interessant ze wëssen, wéi wäit dat Konzept ausgeschafft ass a wéi et ausgesäit.

Speziell ass och, dass niéi Fonctionnaire sollen Employéen, „native speakers“, den Enseignement assuréieren.

An, well den Här Lamberty, an ech gesinn, en ass elo grad net hei, gëschter esou vill vum Choix geschwat hat, wollt ech awer nach op dës Punkt agoen.

(Interruptions)

Speziell ass och, dass an deem Lycée schonns direkt am nächstem Schouljoer soll en eenheetleche Wäerteunterrecht agefouert ginn, woubäi an aneren agreéierten Europaschoulen nach ëmmer de Kanner de Choix gelooss gëtt.

(Interruption)

Zu dem konkrete Projet vum Déifferdanger Lycée wëll ech just op dräi Hauptpunkten agoen, zu deene sech d'CSV nach vill, ganz vill Froe stellt a firwat eis Begeeschterung dann och am Laf vun der Zäit e bëssen ofgehoill huet.

Eng éischt Fro ass: Wien ass de Public cible? Wie kënnt an dës Schoul? Wien däerf an dës Schoul kommen? Laut Exposé des motifs sinn dat déi Jonk aus Déifferdang an Ëmgéigend.

Op eng Question parlementaire vum November 2014 huet den Här Minister Meisch mer och geäntwert, et war d'Zil, fir 50% vun de Plazen ze reservéieren fir d'Schüler aus där Géigend. Do wëllt ech gäre wëssen: Ass dat nach ëmmer d'Zil? A wann dat d'Zil ass, mat wéi enge Moyene gëtt dës Zil oder soll dës Zil erreecht ginn?

Am Gesetz war ursprénglech virgesinn, dass eng Jury sollt eng Selektioun bei de Schüler maachen, éischstens opgrond vun enger Lettre de motivation vun den Elteren an zweetens opgrond vun engem Test. Dës Formulatioun konnt, den Här Lex Delles huet dat och schonn erwänt, wéinst enger Opposition formelle vum Statsrot net bäibehale ginn. Elo steet näischt méi dran am Projet de loi iwwer Selektionskriterien.

De Statsrot seet dann och, dass hie géif dovunner ausgoen, dass d'Aschreiwunge géife chronologesch gemaach ginn, dass am Fall, wou ze vill Kanner sech géife mellen, dës nom Prinzip „premier arrivé, premier servi“ géifen ugeholl ginn. Den Här Minister Meisch sot eis op Nofro hin awer, dass dat net esou géif gemaach ginn! D'Admissiounen géifen no den übliche Praktiken am Enseignement am Allgemenge gemaach ginn, an dass et un der Schoul léich, fir d'Selektioun ze maachen. Do froen ech mech: Wéi sinn dann déi übliche Praktiken? Ech kommen nach drop zrëck, well ech weess, dass et vill Schoule ginn, déi gäre géife Selektionskriterien an der Praxis uwenen.

Ech fänken hei emol bei der Admissioun an de Primaire européen un. D'Gesetz oder de Projet de loi gesäit am Artikel 5.1. vir, dass jiddweren, deen de Cycle 1.2 am Lëtzebuergesche Schoulssystem gemaach huet, kann an d'Europaschoul kommen. Wéi soll dës elo konkret an der Praxis ëmgasat ginn? Hei sinn nach vill Saachen onkloer. Ginn hei Selektionskriterien nëmme dann ugewannt, wa méi Kanner sech mellen, wéi Plazen do sinn, oder gi se ëmmer ugewannt?

An der Press hunn ech elo gëschter gelies, dass et keng Opnamquote géife ginn. Wat och ëmmer dat genau heescht! Wann dann awer Selektionskriterien ugewannt ginn, wéi gesinn dës aus? Wat sinn, dem Här Minister Meisch no, déi kulant Praxissen an der Grondschoul, fir d'Selektioun ze maachen? Well no deene soll jo selektionéiert ginn. Menges Wëssens sinn déi ganz staark begrenzt.

Den Här Minister Meisch sot och, an dat schéngt och logesch ze sinn, dass virun allem

géif no sproochleche Kriterien selektionéiert ginn. Wat muss e Kand da konkret kennen, fir zum Beispill op eng anglofon Sektoun ze kommen? Englesch? Wat muss e Kand konkret kennen, fir zum Beispill op eng frankofon Sektoun ze kommen? Franséisch?

Ech hunn dunn op engem Umeldeformular vun enger agreéierter Europaschoul nogekuckt an ech hunn do gesinn, oder si hunn do geschriwwen, dass déi ausgewielt Sektoun am Prinzip soll der Mammesprooch vum Kand entsprechen. Wann dat esou ass, ass dann de Public cible tatsächlech zu Déifferdang an Ëmgéigend? Am Exposé des motifs hunn ech gelies, dass 6,5% vun de Kanner doheem Franséisch schwätzen an där Géigend, an Englesch gëtt am Exposé des motifs do guer net erwänt.

(Interruption)

Eng konkret Äntwert op dës Froen hu mer nach net kritt. Et schéngt awer e bëssen anescht hei gehandhabt ze ginn, well gëschter sinn ech nach net um Internetsite erakomm, de Moie sinn ech do erakomm an do hunn ech gelies, dass jiddweree kann ugeholl ginn, deen - ech zitieren: «maîtrisent une des quatre langues suivantes: allemand, anglais, français ou portugais». Dat heescht, Kanner, déi kennen Däitsch scho schwätzen, Franséisch scho schwätzen, Portugisesch scho schwätzen, Englesch scho schwätzen, kënne also hei an d'Grondschoul ugeholl ginn. An deem Fall sinn eis Lëtzebuergesche Kanner jo emol definitiv exclu. Oder, an dat ass eng Fro, déi ee sech och kéint stellen: Léiere si et a solle si deemnächst am Cycle 1 - well do wësse mer jo net, wat kënnt - schonn eventuell eng Friemsprooch léieren?

Wat sinn also konkret dës Selektionskriterien, fir an den Enseignement primaire européen ze kommen? A wéini ginn dës public gemaach?

Da kommen ech zum Enseignement secondaire européen, wou dat Ganzt nach e bësse méi spannend gëtt. Den Artikel 5.2. gesäit vir, dass déi Schüler, déi de Primaire européen gepackt hunn, kënne an de Secondaire kommen - dat schéngt mer jo logesch ze sinn -, all Schüler, deen am Lëtzebuergesche Schoulssystem am Cycle 4.2 eng Orientatioun fir an den ES oder an den EST kritt huet, ka kommen, an dass de Prinzip vum Lycée de proximité net ugewannt gëtt. Et kann also jiddweree an déi Schoul kommen, deen nom Cycle 4.2, nom sechste Schouljoer, entweder an den Enseignement secondaire orientéiert gëtt oder an den Enseignement secondaire technique. Dat ass eng ganz breet Spannbreet.

Enseignement secondaire, nach eng Kéier, dat ass eise Classique, dee preparéiert op d'Première. Den Enseignement secondaire technique, do hunn ech u sech op der Septième oder op der Huitième eng Filière théorique, polyvalente, professionnelle. Herno kréien ech e Régime technique, vergläichbar mat eiser Première. Ech kréien eng Berufsausbildung dann nach, Technicien, DAP, CCP. Dat heescht, déi do all kéinten an der Schoul ugeholl ginn.

Op där anerer Säit preparéiert eng agreéiert Europaschoul awer ganz kloer op de Bac européen. Ass et da realistesch ze soen, dass all dës Jugendleche kënne an d'Europaschoul kommen? Ass et realistesch ze mengen, dass se alleguer eng Chance hunn, fir de Bac ze maachen?

Als CSV warne mer virdrun, fir hei onrealistesche Dreem a Wënsch ervirzeruffen! Well ech mech awer net wollt op mä Bauchgefill verloossen, hunn ech mech an enger agreéierter Europaschoul informéiert a krut do leider eis Bedenke confirméiert an deem Punkt.

Ech krut gesot, éischstens, eng agreéiert Europaschoul preparéiert geziilt op de Bac a muss sech och deementspriedend verhalten. Alles aneschters war Augenwischerei. An ech krut gesot: „Kanner, déi aus enger «Realschoul», Schoul tëschent Gymnasium an Hauptschule, kommen, kënne net bei eis ugeholl ginn, déi hu keng Chance.“ Alles aneschters war - nach eng Kéier - Augenwischerei.

An dës Augenwischerei riskéiert dramatesch Konsequenze fir déi méi schwaach Schüler ze hunn. Et riskéiert fir si eng Sakgaass ze ginn.

De Conseil d'État huet och dorop higewisen an hat proposéiert, fir dës an deem Sënn ëmzeänneren, dass déi Jugendleche missten eng Orientatioun Enseignement secondaire hunn. Fir eng Chance ze hunn, de Bac européen kennen ze packen, war dës ee méi séchere Wee gewiescht.

Iwwert den Artikel 39 vum Gesetz vum 2004 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën a Lycée-techniquen, an dat däerf een net vergies-



sen, sinn Admission-conditionnellë méiglech. Där gi regelméisseg gemaach. Iwwert dësen Artikel ass et méiglech, Jugendlecher, déi an den Ae vun enger Schoul eng reell Chance hunn, unzehuelen, och wa se net déi deementsprechend Orientatioun hätten.

Per Gesetz sinn also nëmmen dës minimal Konditiounen festgehalen, fir kënnen an d'Schoul ze kommen. Den Här Minister Meisch sot jo awer, si hätten zwar keng Opnamquoten, mä si géifen no de kurante Methode virgoen, fir kënnen eng Selektioun ze maachen. An och erëm hei stellt sech d'Fro: Gëtt dës Selektioun nëmme gemaach, wa sech ze vill Jugendlecher mellen? An zweetens: Wéi gesinn dës Selektionskritäre konkret aus? Wéini gi se public? Och do hunn ech um Site gesicht. Ech hunn näischt fonnt an deem Punkt.

Ech wëll awer just soen, am September solle véier, oder elo nëmme méi nach dräi, Klassen ufänken.

Eng zweet Fro, déi sech dann opdrängt, ass folgend: Wa jiddwereen uegoholl gëtt, oder respektiv kann uegoholl ginn, wou mer awer kloer wëssen, datt net jiddwereen de Bac ka packen, wéi eng Méiglechkeeten hunn dës Kanner a Jugendlecher dann ausser dem Bac?

De Conseil d'État bemierkt, datt et evident ass, datt, wann ee Schüler do ufänkt, en dann all Intérêt huet, seng Studien och do färdig ze maachen. Dat stëmmt definitiv! Mä, wat maache mer, wann en dat net kann?

Ech kann lech ee Beispill ginn aus menger Erfahrung als Directrice, wou ee Jong aus der Europaschoul huet missen ophalen, well en net den Niveau hat, fir de Bac kënnen ze maachen. Mir kruten dunn och vum Ministère en Ziedel geschéckt, datt e kéint bei eis op Dixième ufänken. Mä den Ziedel huet net ganz vill bruecht, well ausser Englesch konnt hie keng Sprooch, fir kënnen iergendwéi ee Cours ze suivéieren! Dat heescht: Fir dee Jong war d'Europaschoul sécherlech eng Sakgaass, virun allem wéinst sengem sproochleche Profil. A bei him war et besser gewiescht, e matzäit op eise Schoulsystem ze preparéieren.

Och de Conseil d'État werft eng äänlech Fro op: wéi eng Méiglechkeeten zum Beispill e Schüler huet aus enger Section anglophone, wann e Portugisesch als zweet Sprooch gewielt hätt an eventuell Franséisch nach als drëtt. Wann dee muss an der Europaschoul ophalen, kann en da genuch Franséisch, fir op eng frankofon Berufsausbildung ze goen? Well op déi aner kann e souwisou net goen. Oder ass et eng Sakgaass?

Ech soen et nach eemol: Dee Jong aus der Europaschoul konnt weder genuch Däitsch nach genuch Franséisch, fir kënnen e Cours ze suivéieren. An, et hale jo net déi Stärkst op!

Am Exposé des motifs steet, datt d'Schüler aus der Déifferdanger Europaschoul och kéinten Accès kréien op eng international Berufsausbildung, déi a verschiddene Lycéeën géif organiséiert ginn. Eppes Konkretes heizou si mer awer net gewuer ginn! Wann dat esou sollt sinn, da missten dës Berufsausbildunge schonn definiéiert sinn. Wann am September Kanner uegoholl ginn, déi eventuell keng Chance hunn, de Bac ze packen, da mussen si hir Perspektive kënnen opgewise kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och hei stelle sech erëm ganz vill Froen, wéi dat Ganzt soll konkret an der Praxis oflafen. Brauche mer iwwerhaupt nieft de frankofone Klassen an der Berufsausbildung - an där brauche mer sécherlech der nach méi wéi mer der schonn hunn! -, brauche mer nieft deenen och nach anglofon Klassen? A wéi enge Lycéeën solle wéi eng Berufsausbildungen op wéi enge Sproochen uegebuede ginn?

Ass eng Etüd gemaach ginn, wéi eng international - och anglofon - Beruffer gebraucht ginn? Wa jo, wou ass ee Bedarf an op wéi engem Niveau? Wou fanne mer zum Beispill anglofon Patronen? Sinn eis Équipe-curriculaire schonn informéiert ginn? Si se matagebonne ginn? Ass mat hinne geschwat ginn? Sinn d'Beruffschambere scho kontaktéiert ginn? Wa jo, wou menge si, wärend Débouchéen, och fir zum Beispill anglofon Klassen?

Wou fannt Der d'Enseignanten, déi an deenen ënnerschiddleche Sproochen kënnen a wëllen ënnerriichten? Ech gi just ze bedenken, datt et schonns net einfach ass, genuch Leit fir déi frankofon Klassen ze fannen. Wou ass d'Konzept? Ass et duerchduecht, ass et bis zum Schluss duerchduecht? An et misst bis zum Schluss duerchduecht sinn, wann dës Schoul fir déi méi Schwaach net soll eng Sakgaass sinn!

An deem Sënn menge mir, datt et méi sënnavoll gewiescht wär, eng klassesch agreeiert Europaschoul mam Zil vum Bac konsequent duerchzezéien, eng Schoul, déi sécherlech eis Lycéeslandschaft sënnavoll géif erweideren, an awer parallel dozou sech Gedanken ze maachen, fir a Rou Léisungsméiglechkeeten an der Berufsausbildung, falls se noutwendeg sinn, an Zesummenaarbecht mat de concernéierte Partner, de Schoulen, de Chamberen ze sichen. Am Moment hu mer nach genuch Problemer mat eiser Berufsausbildung, déi musse geléist ginn. An et ass net sënnavoll, elo e Chantier ouni Konzept opzemaachen.

Sou, nieft dësen zwou Froen - de Froen: Wie kënt an d'Schoul a wat geschitt mat deenen, déi dës Schoul net packen? -, wëllt ech nach speziell op de Régime préparatoire agoen.

Wann et bei all Lycée sënnavoll ass, datt e Régime préparatoire dozougehéiert... An ech wëllt hei nach eemol betounen, datt an de Régimes préparatoires eng ganz gutt Aarbecht gemaach gëtt, datt si net ëmmer déi einfachst Konditiounen hunn, mä datt se alleguer ganz gutt schaffen an datt se wichteg si fir eise Schoulsystem. An ech rappelléieren nach eng Kéier: Hei kommen déi Kanner hin, déi u sech nom Cycle 4.2 keng Orientatioun an den ES an an den EST kréien.

Ech hunn also gesot, wa bei all Lycée et sënnavoll a wichteg ass, datt e Préparatoire dozougehéiert, esou stelle sech dach bei dësem spezielle Lycée awer eng Partie Froen. Dës Lycée preparéiert konsequent op de Bac. Do huet en also d'Schinn vum Bac, duerno huet en näischt, an dann huet en de Préparatoire.

Am Exposé des motifs gëtt am Prinzip och net de Régime préparatoire, esou wéi en am Gesetz vun 2004 virgesinn ass, erwänt, mä et gëtt vun enger „voie préparatoire“ op den Enseignement secondaire geschwat. Dëst hätt eis och nach logesch geschéngt fir déi Schüler aus dem Primaire européen, déi nach net prett wären, fir déi entweder op de Secondaire européen virzebereeden oder op eise Schoulsystem.

Firwat ass awer aus dëser Voie préparatoire fir op den Enseignement secondaire op eemol e ganz normale Régime préparatoire ginn, dee komplett nom Gesetz vun 2004 soll funktionéieren, deen och de Prinzip vum Lycée de proximité muss berücksichtegen, deen also hei keng speziell Selektionskritären dāerf uwenen, fir d'Schüler unzehuelen?

D'Ziler vun engem Régime préparatoire si laut Gesetz: éischtens, d'Kanner an e Cycle inférieure vum EST emol eranzekréien. D'Zil ass eng Neuvième pratique. D'École européenne huet dësen Niveau net! Een zweet Zil ass, dës Jugendleche eventuell esou wäit ze bréngen, datt se kënnen en DAP, fréiere CATP, oder e CCP maachen. Och d'Europaschoul huet dësen Niveau net, si hunn de Bac. Oder eng lescht Méiglechkeet ass, fir si dann um Aarbechtsmaart ze integréieren iwwert de COIP oder den IPDM.

D'Europaschoul gëtt sech awer elo ganz aner Ziler, obvwuel si dem Gesetz vun 2004 ënnerläit. En éischt Zil: d'Kanner an de Secondaire européen ze integréieren - wa si dat mat där gesamter Clientèle géif färdigbréngen, dann, mengen ech, misste mer si alleguer félicitéieren -, oder eben, si an d'Berufsausbildung ze integréieren.

D'Fro ass awer: Wéi ass dat méiglech a wéi soll dat funktionéieren? Hunn d'Kanner, déi an de Régime préparatoire orientéiert ginn, déi also keng Admissioun an en normale Lycée technique kréien, reell Chancen, e Bac kënnen ze maachen, an dësem Fall e Bac européen? Ech hu mer d'Statistiken uegekuckt vum Ministère. D'Statistike soen am Prinzip: Neen. 1% vun de Kanner aus dem Préparatoire kënt an de Régime technique. De Classique war an dëser Statistik vum Educationnsministère guer net erwänt!

Ech weess awer och, datt et Kanner gëtt, déi an eise System duerch iergendwelch Sproocheproblemer duerchfalen. A fir dës Kanner mussen mer och Léisunge sichen a fannen. Mä wär et hei net méi sënnavoll gewiescht, fir mat anere Lycéeën, mat anere Préparatoiren, déi sech wahrscheinlech scho Gedanken gemaach hunn, déi déiselwecht Problemer hunn, zesummen no Léisungen ze sichen? Dës Problematik stellt sech an all Lycée, si ass net speziell fir d'Europaschoul.

Den Déifferdanger Lycée soll elo laut Projet de loi mat 400 Schüler dee gréisste Préparatoire am ganze Land kréien. Am Moment huet dee gréisste Préparatoire 330 Schüler, an dat ass de Préparatoire vum Lycée technique Mathias Adam, deen op deemselwechte Campus soll funktionéieren. Hei kann ee sech och d'Fro stellen, ob dat sënnavoll ass.

Nach eemol: Wäer et net méiglech gewiescht, zum Beispill mam Préparatoire vum Lycée technique Mathias Adam zesummenzeschaffen?

Sinn hei aner Léisungsméiglechkeeten duerchdiskutéiert ginn? Wär hei vläicht eng international Klass sënnavoll gewiescht, fir déi Jugendleche, déi zwar bac-fäeg sinn, déi awer duerch iergendwelch Sproocheproblemer duerch eise System duerchgefall sinn, geziilt ze preparéieren, fir eventuell de Bac européen ze maachen?

De Préparatoire vum Déifferdanger Lycée soll elo duerch e spezielle Sproocheregimm gekennzeichnet sinn. Wéi een, krute mer och nach net genau erkläert. Ass dat alles am Kader vum aktuelle Gesetz vun 2004 méiglech? Ech hunn dunn de Moien och do um Site gekuckt an ech hunn do u sech just fonnt, datt et déi zwou Sektione ginn, anglofon a frankofon. Méi hunn ech och do net fonnt.

Wann et déi do zwou Sektioneen elo gëtt, da ginn ech jo emol dovunner aus, datt d'Zil heivunner ass, datt dës spezielle Sproocheregimm net drop ziilt, fir d'Kanner mat Sproocheproblemer op eise Schoulsystem virzebereeden, mä datt eise Schoulsystem sech duerno deem spezielle Sproocheregimm muss upassen, well dës Kanner duerno net méi kënnen an eise Schoulsystem integréiert ginn.

An hei stelle sech genau déiselwecht Froen, déi ech virdru bei der Berufsausbildung gestallt hunn. Wéi eng anglofon Beruffer brauche mer? Wou si se? Wou ass d'Konzept? Wéi eng Perspektive kënnen mer dës Schüler ginn? Wou si se konkret definéiert? Mir kruten zumindest nach keng konkret virgestallt.

Ofschléissend nach eemol: Am Ufank war en normale Lycée geplangt, duerno ass eng agreeiert Europaschoul annonciéiert ginn. Mat dësem Projet de loi gëtt eng Vermeschung vun deenen zwou Saache gemaach, mam Risiko, datt bei deene méi schwaache Schüler d'Päerd vun hanne gesuedelt gëtt. Datt si mat engem speziellen Sproocheregimm kënnen ufänken, och am Préparatoire, ouni hinne kënnen kloer Perspektiven ze bidden, ouni datt d'Konzept bis zum Schluss duerchduecht ass!

An den Ae vun der CSV wär et méi sënnavoll gewiescht, op där enger Säit eng agreeiert Europaschoul ze hunn, déi mer sécherlech wéinst eiser Populationsdiversitéit brauchen, mat den deementsprechend kloren Opnamebedéngungen, an op där anerer Säit sech a Rou Gedanken ze maachen, wat um Niveau vum Cycle inférieure am EST, beim Préparatoire an an der Berufsausbildung misst a kéint sënnavoll geännert ginn.

An aus dës Grënn wäerte mir eis als CSV bei dësem Projet de loi enthalten. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Hansen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ee virun 30 Joer am September virun eng Klass getrueden ass - an ech ka mech erënneren, datt dat och virun enger Rei Jore fir mech nach de Fall war als Schoulmeeschter -, da wouss een, déi Kanner, déi een do setzen hat, déi meescht hu Lëtzebuergesch geschwat, Lëtzebuergesch an der Schoul, doheem, hir Elteren hunn och Lëtzebuergesch geschwat. Et wouss een och zum Beispill, déi meescht hunn doheem den däitsche Fernseh gekuckt. An, bon, dat muss een och soen, et wouss een och, datt déi meescht aus Famillje komm sinn, wou et eng Mamm an e Papp ginn ass, wou ganz oft nach deemools d'Mamm doheem war.

Et hat een also eng ganz homogen oder relativ homogen Populatioun vu Kanner viru sech stoen. Et hat een emol déi eng oder déi aner Ausnam. Et hat een emol een, zwee Kanner an enger Klass, déi eng Originn haten aus Italien oder Portugal, mä dat war d'Ausnam. An da wouss een awer, déi Kanner zum Beispill waren och hei zu Lëtzebuerg gebuer. Dat war zu Réiser esou, wann een do an d'Klasse gaangen ass. Dat war awer och zu Suessem esou. Dat war och zu lerpeldeng esou, wann een do an d'Klasse gaangen ass.

Mir haten also eng relativ homogen Populatioun an eise Klassen, an och iwwert d'Land, homogen souwuel wat de Profil vun de Sproochekompetenze bei de Kanner ubelaangt huet, awer och eben de soziefamiliären Hannergrond. An duerfir konnt een och deemools eng relativ uniform Approche an eise Schoulen, an eise deemolege Schoulsystem un den Dag leeën, huet een déi och virfonnt, och besonnesch, wéi ee mat de Sproochen ëmgaangen ass. Jo, firwat? Dat war méiglech eben, well een esou relativ homogen Gruppe vu Kanner hat. Déi konnt een eigentlech praktesch all iwwert deemselwechte Leescht zéien. Déi hunn all an déiselwecht Schabloun méi oder weeniger gepasst.

Här President, dat huet an deene leschten 30 Joer changéiert. Dat huet radikal geännert an

deene leschten 30 Joer! A mir hunn haut eng enorm Vielfalt vu jonke Mënschen, vu Kanner virun den Diere vun eise Schoullasse stoen, mat ganz ënnerschiddlechem Background.

Nëmmen e puer Fakten heizou: 60% vun de Kanner, déi an eis Schoule kommen, bei deenen ass Lëtzebuergesch net méi déi éischt Sprooch, och net méi doheem. Do gëtt guer kee Lëtzebuergesch méi geschwat, och bei den Elteren net méi. Mir hunn eng ganz Rei vu Kanner, déi an eis Schoul kommen, déi och net hei gebuer sinn, déi ganz oft relativ kuerz eréischt bei eis am Land sinn. Mä dat gëllt emol net nëmme fir déi Kanner, insgesamt fir d'Kanner hu mer der ëmmer méi, oder dat kennzeechent eigentlech haut d'Kanner, datt se aus ganz villfältegen, verschiddene familiäre Situatiounen kommen.

Dat, Här President, dat sinn déi nei Realitéiten an eiser Gesellschaft an dat ass eigentlech och eng enorm Erausforderung fir eise Bildungssystem. D'Schoul kann dat net ignoréieren. Si muss eigentlech dës gesellschaftlechen Entwécklung Rechnung droen, well wa mer dat net maachen, hu mer natierlech Échec-scolairen. Mir kréien awer och Échec-humainen op eng gewëssen Aart a Weis, well wann een net an der Schoul réusséiert, dann ass herno de Wee oft negativ virgezeechent. Mir kréien domadder da sozial Problemer, mir kréie Réss an eiser Gesellschaft!

An ech mengen, déi extrem Heterogenitéit vun de Schüler erméiglecht et dann och net méi, datt ee jiddwereen an déiselwecht Schabloun setzt, jiddwereen iwwert deemselwechte Leescht zitt. Dat geet einfach net méi! A wann ee wëllt positiv op déi extrem Vielfalt reagéieren, heescht dat am Endeffekt, datt mer net méi een eenzege Schoulmodell hei zu Lëtzebuerg kënnen ubidden.

Esou eng grouss Diversitéit vun de Kanner heescht am Endeffekt: verschidde Schoulen, verschidde Schoulmodeller, heescht eigentlech also eng ganz Palett och vu pädagogesche Modeller. Duerfir brauche mer méi Schoulautonomie, fir méi Schoulvielfalt ze proposéieren. An dës Projet vun der Europaschoul zu Déifferdeng ass eng richteg Antwort op dës Erausforderungen. Sécherlech kéint een och nach aner Antworte fannen, mä dat hei ass eng Antwort awer dorobber.

Ech mengen, déi Diversifizéierung an eise Schoulen, dat ass och eppes, wat deem entsprécht, fir dat meng Partei, d'DP, ëmmer agetrueden ass, plädéiert huet. A si entsprécht och deem, wat dës Koalitioun sech an deem Feld an de Koalitiounsaccord ageschriwwen huet.

An, Här President, da wëllt ech awer och soen, dës Projet weist awer och, datt an der Éducatiounspolitik kee Stëllstand ass. Ganz au contraire! Dës Projet kënt à point, fir op eng Rei ebe konkret Problemer ze reagéieren. De Minister, d'Kommissioun huet schnell geschafft a gutt geschafft!

An ech sinn och e bësse verwonnert, wéi ech déi lescht Deeg dat gelies hu vun der gréisster Oppositionspartei: Deen een Dag kréie mer virgehäit, oder kritt de Minister virgehäit, et wier Stëllstand. An annerhallwen Dag méi spéit liesen ech dann am „Lëtzeburger Wort“ - d'Madamm Hansen, déi och virdrun hei zum Projet geschwat huet -, datt alles vill ze schnell gaange wier. Ech mengen, wat ass et? Wat dann elo? Gitt lech selwer dann eens! Ass Stëllstand oder schaffe mer ze schnell? Ech mengen, mir hunn de richtige Rhythmus hei fonnt. De Minister huet hei de richtige Rhythmus fonnt.

Schnell geschafft, jo, mä awer och intensiv geschafft! Mir hate siwen, mindestens siwe Sitzungen an der Schoulkommissioun. An ech muss och soen, datt de Minister ganz op war, d'Kommissioun och, fir op d'Propositionen vun der Opposition anzegoen. Ënner anerem war vun der gréisster Oppositionspartei ee Moment gefuerdert ginn oder gefrot ginn, suggeréiert ginn, fir zum Beispill de Cycle inférieure vum Enseignement technique mat ze integréieren. An de Minister, dee war prett, mir kënnen dat och noliessen, Här President - ech weess, datt d'Madamm Hansen seet, dat wier net wouer -, da liese mer et an eise Rapporten no.

(*Interruptions diverses*)

Op alle Fall...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Berger, erlaabt Der, dass d'Madamm Hansen...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Gären, Här President.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech hunn och deemools drop higewisen, datt et komesch wär, e Préparatoire ze hunn an dann näischt, an dann eng Voie, déi op de Bac kënt, guidéiert. Do huet den Här Minister gesot, hie war prett, fir dee ganzen Enseignement secondaire u sech ënnen ze offréieren. An dat war an eisen



Aen awer net d'Léisung. Et ass net esou, datt mir gemengt hunn, dat misst kommen. Mä dat war eng Offer vum Minister, déi mir esou net wollten unhuelen.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Den Här Minister wäert herno dann och nach dozou Stellung huelen. Mä op alle Fall, de Minister war prett. An dat wier jo déi éischt Etapp gewiescht, wou een dann herno hätt kënnen weider drop opbauen. Mä op alle Fall, de Minister war prett! An du waart Der awer domadder net d'accord. Dir hutt dat dunn ebe fale gelooss.

Ech mengen, och aner Punkten hutt Der suggeréiert an du sidd Der awer duerno vun deem ofkomm. Dir hutt virdru gesot, dat hei wier e Projet, e Chantier ouni Konzept. Ech hat éischter, muss ech soen, d'Gefill als Member vun där Kommissioun, datt hei d'Oppositoun ouni Konzept war.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Wou ass dann d'Konzept?

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ech mengen, dat ass och...

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Wou ass dann d'Konzept fir d'Berufsausbildung?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift, am Moment huet just den Här Berger d'Wuert!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Dir hutt och elo haut hei an der Chamber eng ganz Rei, eng Hällewull vu praktesche Froen opgeworf. Och dat hätt Der kënnen an der Kommissioun maachen. Ech mengen, de Minister war do prett, fir zu all Moment dozou Stellung ze huelen. Da wäert hien et haut maachen. Mä einfach nëmmen, fir ze soen, mir hunn hei net ze schnell geschafft, mir hunn eis vill Zäit gelooss. A mir si wierklech op all d'Demanden agaangen.

Et war och nach eng Demande zum Beispill, fir all d'Informatiounen iwwert d'Europaschoul ze kréien. Dat ass och geschitt. Dat krut jiddwereen op Stick, well dat gréisser Dokumenter waren. Also, mir hunn eis op alle Fall an der Vitesse awer déi Zäit geholl, fir en uerdentleche Projet ze maachen.

Här President, ech wéilt awer nach kuerz op e puer Punkten agoe vun deemem Projet, e puer Points phares vun där neier Europaschoul. Effektiv, et ass e Modell Europaschoul, mä - an dat ass ëmmer erëm wichtig ze ënnersträichen -, et sinn net déiselwecht Kritären, fir opgeholl ze ginn, wéi dat bei deenen, ech soen emol „klaseschen“ zwou Europaschoulen hei zu Lëtzebuerg oder och am Ausland de Fall ass. Et ass eng effentlech Schoul. D'Diere stinn op fir jiddwereen! Dat muss een ëmmer erëm ënnersträichen. De Rapporteur huet et schonn e puermol gemaach. Ech maachen et och nach eng Kéier. Dat muss ee betounen.

Hei gëtt och kee Minerval gefrot, also keng Sue gefrot, fir an déi Schoul kënnen ze goen. Et ass also net, wéi fréier ëmmer gesot ginn ass, eng Schoul fir déi Déck oder fir déi vun der CECA. Hei ka jiddweree sech an déi Schoul mellen a kann dann och do ugeholl ginn.

Hei ass och eng Schoul, wou d'Sproocherealtéit vu Lëtzebuerg, vun där ech och virdru geschwat hunn, déi grouss Diversitéit, wou déi och berücksichtegt gëtt. An duerfir gi mer dann och hei nei Weeër am Sproochenunterrecht respektiv am Unterrecht insgesamt.

Firwat? Ebe well d'Sproochen eng vun den Haaptursaache si vun den Échecken an eise Schoulen. Ech mengen, ech ginn elo net weider dorobber an, all d'Spezialiste wëssen dat, datt eben dat d'Basis ass fir villen, eben och fir an der Schoul, fir och aner Coursen ze verstoen. A wann ee mat de Sprooch Schwierigkeiten huet, wann een do eventuell och benodelegt gëtt, dann ass eigentlech oft de Wee do am Negative virgezeechent.

Hei ass also deeselwechte Programm wéi an den Europaschoulen. Mir hunn awer hei, datt d'Langues véhiculaires anerer sinn, dat sinn hei haaptsächlech da Franséisch an Englesch. Et ginn awer och nach aner Sprooch gemaach. Mä dann huet een an anere Fächer - Geschicht, Mathé an esou weider -, do huet een déi zwou Langues véhiculaires.

Ech wéilt awer och hei soen, wann ech bei de Sprooch sinn - well haut krut och nach vläicht deen een oder aneren e Mail vun enger Organisatioun -, Lëtzebuergesch ass hei, an dat ass eigentlech en Novum an där Europaschoul, ass obligatoresch! An där effentlecher Europaschoul hei zu Lëtzebuerg ass Lëtzebuergesch obligatoresch als Sprooch. Dat ass also och hei d'Integratiounssprooch, déi hei - also Lëtzebuergesch - zielt. Dat ass eis och ganz wichtig. An hei differenziéiert se sech eigentlech an där Hisiicht vun deenen aneren Europaschoulen hei zu Lëtzebuerg, wou dat Lëtzebuergesch, d'Lëtzebuergesch Sprooch net déi Valeur huet.

Vläicht och nach kuerz: Firwat zu Déifferdeng? Ech muss soen... bon, dat ass net, well ech elo

e Süd-Deputéierte sinn, datt ech frou sinn, datt dat zu Déifferdeng ass. Neen, mä zu Déifferdeng ass och e Besoin un neie Secondaireschoulen op där enger Säit gewiescht. An ech si frou, datt awer dann och do emol un de Süde geduecht gëtt. Mä et ass awer och, well déi Schoul do op e reelle Besoin...

(*Interruption par Mme Nancy Arendt*)

D'Madamm Arendt ass ganz mat mer d'accord. Dat freet mech. Si ass och aus dem Süden.

Mä do hu mer eigentlech um Terrain déi besonnesch grouss Diversitéit, vun där mer virdru geschwat hunn, wou mer och méi esou spezifesch Situatiounen hunn, wou mer vill Kanner, déi net onbedéngt als éischt Sprooch Lëtzebuergesch hunn, also do an där Géigend, och net nëmmen zu Déifferdeng, mä ech soen emol, am Groussraum do fannen. Dat heescht, datt mer also hei och eng Schoul op eng Plaz hisetzen, wou och um Terrain ganz vill Demande ass.

An da soll een och net vergiessen, well et ass jo och eng Langue véhiculaire Englesch, datt mer do och am gréisseren Ëmfeld vun der Uni Belval oder Uni.lu sinn. An do komme jo och eng ganz Rei Leit dohinner schaffen, enseignieren, vun deene vläicht éischter d'Englescht d'Sprooch ass, déi och da mat hire Kanner heihinnerkommen a bei deene sécherlech och déi englesch Filière wäert e gewëssene Succès hunn oder fir déi wäert eng gewëssen Demande do sinn.

Ech mengen, wa mer d'Uni Lëtzebuerg wëlle méi staark maachen, wa mer do wëlle gutt Enseignanten hunn, wa mer wëllen, datt déi hei op Lëtzebuerg kommen, Vedetten an deem Beräich, an datt déi sech hei etabléieren, da kommen déi mat hire Familljen, mat hire Kanner, an do brauche mer dann och fir déi eng reell Offer, fir datt hir Kanner kënnen do an e Secondaire goen. Voilà, och dat nach dozou gesot.

Bon, ech bedauern einfach, Här President, datt leider net all Parteien dese Projet ënnerstëtzen. Sécherlech, en ass net perfekt. Et sinn eng Rei Froen...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Neen, dat ass kloer. E perfekte Projet gëtt et néierens. Mä hei gi mer awer nei Weeër. An dat ass awer déi richteg Aart a Weis, datt mer hei natierlech och en cours de route vläicht déi eng oder aner Verännerungen oder Adaptatiounen wäerte virhuelen, ebe wéi sech dat um Terrain entwéckelt. Eng Schoul muss soupel bleiwen, muss sech kënnen un nei Gegebenheeten upassen. Dat wäerte mer maachen.

Mä ech bedauern einfach, datt also net jiddwereen dat ënnerstëtzt, well ech fannen, et ass awer de Moment eng adequat Äntwert op déi Situatiounen, déi mer an eiser Gesellschaft hunn, op déi Erausforderungen, déi op eis Schoul zukommen. An ech wënsche mer einfach, datt nach esou Modeller oder äänlech Modeller op anere Plazen an eise Land och an Zukunft nach wäerten hei d'Dageslicht gesinn.

An deem Sënn wëll ech awer och nach dem Rapporteur, dem Lex Delles, Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. An ech ginn natierlech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu deem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Berger. An nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Tess Burton fir d'LSAP.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Här President, Kolleginnen a Kollegeen, ech wëll da fir d'Éischt och dem Rapporteur, dem Lex Delles, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

D'Éducatioun gehéiert ganz kloer zu de politesche Prioritéiten vun der LSAP. D'Bildung ass e Grondrecht fir all Kand, onofhängeg vu senger Hierkunft, vu sengem Geschlecht, vum Akommes vu sengen Elteren an och onofhängeg vu senger Nationalitéit. Eng gutt a sozial gerecht Bildung ass fir d'Zukunft vun all Kand entscheidend.

An och ass d'Bildung onverzichtbar fir déi sozial Kohäsion an eise Land, an och den ekonomesche Succès vun eise Land hänkt mat der Bildung vun eise Kanner zesummen. All Kand ass nämlech eng Beräicherung fir eist Land. An dofir ass et wichtig, dass eise Schoulssystem ëmmer erëm op eis Kanner adaptéiert gëtt, fir esou all Kand déi bescht Viraussetzungen ze bidden, fir säi schoulesche Parcours ze meeschteren, an et esou och op seng Zukunft virzebereeden.

An och grad an deem Sënn muss eise Schoulssystem fir méi Chancégerechtkeet fir all

Kand suergen. Mat der Schafung vun der effentlecher Internationaler Schoul zu Déifferdeng, am Süde vum Land, komme mir des Uspréch no. Schon 2007 hat d'Regierung decidéiert, en neie Lycée zu Déifferdeng ze bauen. Dass déi Schoul eng International Schoul gëtt, begrësse mir als LSAP. Mir vergrësseren domadder eis effentlech Schouloffer a passe se domat och un eis Schüler vun haut un.

Mat där neier Schoul ginn dräi wichteg Punkten erfüllt: Op där enger Säit gëtt där ëmmer méi grousser Diversitéit vun der Schülerpopulation Rechnung gedroen, andeem souwuel op Primaire- wéi och op Secondaireniveau zwou verschidde Sproochesektiounen ugebued ginn, eng op Franséisch an eng op Englesch.

An och gëtt hei der Nofro am Süde vum Land Rechnung gedroen. Fir den Zouwuess vun Awunner am Süde gëtt eng nei schoulesch Infrastruktur gebaut.

An op där anerer Säit férdere mer och d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbiereger, andeem och déi Lëtzebuergesch Sprooch als Kommunikatiounssprooch vun de Jonken an där Internationaler Schoul muss geléiert ginn.

De Moment si bal 50% vun de Schüler hei am Land keng Lëtzebuergesch. Mir hu vill portugisesch Kanner an eise Schoulen, mä och franséischer, belscher an ëmmer méi ënnerschiddlech Natiounen. Lëtzebuerg ass eben e multikulturell Land. D'Statistike beleeden dat och vu Joer zu Joer. 2014 waren hei am Land bal genesou vill Lëtzebuergesch wéi Ausländer am Fondamental, 46.000 Schüler am Ganzen, d'Halschent dovunner, wéi gesot, Ausländer.

Och am Secondaire ass d'Situatioun äänlech gewiescht: ronn 14.800 Lëtzebuergesch an 12.200 Ausländer. An dovunner waren 8.000 Portugisen 2004 am Secondaire technique ageschriwwen. Just am Secondaire classique ass d'Verhältnis en anert, nämlech waren do 2014 ronn 10.000 Lëtzebuergesch an nëmmen 2.800 Ausländer. Dat weist och, dass d'Sproochekenntnisser um akademesche Plang oft e regelrecht Hindernis fir verschidden auslännesch Matbiereger duerstellen.

An där neier Internationaler Schoul kréien elo d'Schüler de Choix, fir tëschent méi Sproochen ze wielen. Si léieren op Franséisch oder Englesch, jee no Sektoun, a si léiere Lëtzebuergesch. An da kënnen si tëschent Englesch, Franséisch, Däitsch a Portugisesch wielen. Et ginn also vill Sproochen ugebueden. Dat ass och ganz wichtig fir Lëtzebuerg, well eis Villsproochegkeet ass en Atout fir onst Land an der Groussregioun an an Europa an der ganzer Welt. An dofir solle mer deen Atout, dee mir als Lëtzebuergesch hunn, och weider férdere, mä an där neier Schoul huet de Schüler eben elo de Choix, wéi eng Sprooch hie wëllt léieren.

Och wëll ech hei nach erwänen, dass fir d'Éischte Kéier an enger effentlecher Schoul hei zu Lëtzebuerg Portugisesch ka geléiert ginn. Eis portugisesch Matbiereger stellen déi gréisst auslännesch Communautéit hei an eise Land duer a bis ewell konnten déi portugisesch Kanner nach ni hir Mammesprooch offiziell an enger effentlecher Schoul hei zu Lëtzebuerg léieren.

Här President, Kolleginnen a Kollegeen, bis zu 1.400 Schüler sollen zu Déifferdeng déi International Schoul besichen. Mam Ausbau vum Site Belval, der Uni Lëtzebuerg an den Infrastrukturen do ronderëm wäerten et am Süden och ëmmer méi Schüler ginn. An och wäerten op de Site Belval ëmmer méi Ausländer schaffe kommen. Lëtzebuerg ass dobäi, säi Fuerschungsstanduert auszebauen, an an deem Beräich genau ewéi a villen aneren och rekrutéiert Lëtzebuerg vill Leit aus dem Ausland, well mir net selwer genuch spezialiséiert Leit hunn.

Fir dass auslännesch Fuerscher op Lëtzebuerg kommen, ass net nëmmen hir nei Aarbechtsplaz ausschlaggebend, mä och d'Ramebedéngunge mussen fir dës Leit hei zu Lëtzebuerg stëmmen, wéi zum Beispill, dass och muss déi néideg Schoulinfrastruktur fir hir Kanner do sinn, fir dass si op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Iwwregens, d'„Tageblatt“ schreift haut, dass Lëtzebuerg e Magnéit fir d'Aarbechtskräften ass. Lëtzebuerg placéiert sech op Plaz 3, hannernt der Schwäiz a Singapur a virun den USA, wat d'Attraktivitéit vum Land ugeet fir héichqualifizéiert Leit. Dat läit der Etüd no virun allem un der héijer Produktivitéit vum Land, dem Steuersystem an den ICT-Infrastrukturen.

Mir gesinn also, wéi wichtig et ass an och an Zukunft wäert ginn, fir eise Schoulssystem ze adaptéieren. Déi nei International Schoul passt dofir de Moment exzellent an de Süden, well hei am Süden den Undeel un auslännesche Kanner grouss ass. Et ass nämlech wichtig, dass d'Schouloffer op déi verschidde Regiounen hei am Land ugepasst gëtt.

Ech wëll op där Plaz nach eng Kéier un den däitsch-lëtzebuergesche Lycée géintwueren vu Schengen erënneren, deen deemools och ëmgəsət gouf, fir eng Schouloffer ze schafen, déi op dës Regioun adaptéiert ass.

Här President, och wann eis Lëtzebuergesch Sprooch net dat eenzegt Mëttel ass, fir d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbiereger ze férdere, ass d'Beherrschung vun der Lëtzebuergesch Sprooch awer e ganz wichtigen Atout fir d'Integratioun an d'Kohäsion an eiser Gesellschaft.

De Moment gëtt et schonn eng Rei Privatschoulen hei zu Lëtzebuerg, déi eng international Schouloffer ubidden, wéi zum Beispill d'Europaschoulen um Kierchbierg an zu Mamer, d'International School of Luxembourg oder d'Montessori-Schoul, fir der just e puer vun deenen ze nennen. Eppes ganz Wesentlech, wat dës Schoule vun där neier effentlecher Schoul zu Déifferdeng ënnerscheet, ass, dass an där leschtgenannter d'Léiere vun der Lëtzebuergesch Sprooch obligatoresch ass.

Interessant hei ze erwänen ass eng Etüd vun 2004, déi vu Pricewaterhouse fir d'Europaschoulen hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Do hunn déi Befroete sech net zefridde gewisen iwwert d'Integratioun vun der Schoul an der Lëtzebuergescher Gesellschaft. A wa mer vun Integratioun schwätzen, da schwätze mer och erëm vun eiser Lëtzebuergesch Sprooch. Dofir soll grad an där neier Internationaler Schoul zu Déifferdeng mam obligatoreschen Apprentissage vum Lëtzebuergeschen am Fondamental an op den ënneschte Secondaireklassen d'Integratioun op dës Manéier och geféiert ginn.

Déi zukünfteg International Schoul zu Déifferdeng wäert nom pädagogesche Modell vun den Europaschoule funktionnéieren, d'Administration, d'Personal an de Finanzement wäerten awer ënnert der Responsabilitéit vum Educatiounsministère stoen. Domat ass nämlech garantéiert, dass déi effentlech Schoul gratis bleift. Dat ass fir eis als LSAP fundamental.

Déi zwou Europaschoulen um Kierchbierg an zu Mamer sinn zwar gratis fir d'Kanner vun den EU-Beamten, déi aner Kanner müssen awer e sougenannte Minerval bezuelen. Der LSAP ass et dofir ganz wichtig, dass de Stat sech hei engagéiert, fir och deene Kanner aus sozial méi schwache Verhältnisse eng Schoul unzebidden, déi hire Besoinen ugepasst ass an déi se sech virun allem leeschte kënnen.

Här President, och wéilt ech nach kuerz op d'„native speakers“ agoen, op déi als Enseignant kann zréckgegraff ginn. Et ass gutt, dass de Ministère sech et ophält, och „native speakers“ astellen ze kënnen, well grad, wat dat Englescht betrëfft, gëtt et vläicht méi schwierig, am Ufank Enseignanten ze fannen.

Mä an deem Kontext ass et ganz wichtig ze soen, dass déi „native speakers“ ganz streng Konditiounen erfëlle müssen, fir iwwerhaupt kënnen an där neier effentlecher Schoul ze enseignéieren. Si müssen eng vun eisen administrativen Sprooch kënnen an eng Expérience vun zéng Joer als Enseignant an enger europäescher Schoul hunn. Domat gëtt garantéiert, dass net egal wie Schoul hale kann, mä dass hei just Enseignant schaffe mat där néideger Ausbildung an Erfahrung.

Et ass elo wichtig, dass virun allem de Leit aus der Regioun schnellstméiglech den didaktischen Contenu vun där Schoul erkläert gëtt, well net jiddweree kennt de Schoulsystem vun enger Europaschoul.

Dass déi éischt Klassen 2016 a provisoresche Strukturen müssen ulafen, ass net ideal. Allerdings ass et besser, esou schnell wéi méiglech enger ëmmer méi grousser Demande gerecht ze ginn, wéi elo nach dräi bis véier Joer ze waarden, bis dass déi nei Gebailechkeeten am Joer 2020 prett sinn.

Ofschléissend wéilt ech nach eemol ervirhiewen, dass eise Lëtzebuergesch Schoulsystem Erausforderungen ze meeschteren huet, wéi et se soss néierens op der Welt gëtt! Néierens soss ass d'Zuel vun auslännesche Schüler esou héich wéi hei am Land. An op déi Situatioun muss eist Land sech adaptéieren. Mir müssen eis dofir iwwert deen heitege spezielle Fall eraus nach weider mat där Situatioun beschäftegen, wéi mer eisen auslännesche Matbiereger déi nämlech Chancen an der Schoul ubidden kënnen wéi eise Lëtzebuergesch Schüler.

Mat där neier effentlecher Internationaler Schoul zu Déifferdeng liwwere mer e Beispill an hoffentlech och e Modell, wéi dës Erausforderungen ze packe sinn. Well et ass dem Stat



seng Responsabilitéit, eise Kanner eng adequat Ausbildung ze bidden, well eis Kanner sinn d'Zukunft vun eisem Land!

An domadder bréngen ech och den Accord vun där sozialistescher Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Burton. Nächsten ageschriwene Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wollt ech dem honorabele Lex Delles Merci soe fir deen, a mengen Aen, ganz, ganz ausféierlechen a gudde Rapport.

An ech wëllt och direkt soen, datt ech ee Saz vun der Madamm Hansen wëllt opgräifen, wou ech ausdrécklech mat hir d'accord sinn, an dat ass, datt an eise Préparatoiren hei am Land duerchaus gutt geschafft gëtt, seriö geschafft gëtt an datt dat e Schoulsystem ass, dee leider oft net déi Unerkennung kritt, déi e verdéngt. Do sinn ech ganz mat lech averstanen. Et kommen dann nach aner Punkten, Madamm Hansen.

Mir hate schonn den 19. November 2015 hei de Projet de loi 6814 debattéiert an och unanime gestëmmt, a mat deem Projet hate mer eist Averständnis ginn, datt dee Lycée soll gebaut ginn. Mir haten also eisen Accord zu der Infrastruktur ginn. An du war och scho bekannt, datt et een internationale Lycée sollt ginn. An ech hat deemools gesot, ech géif mech drop freeën, wa mer géifen iwwert d'Konzept vun där Schoul schwätzen. Also freeën ech mech! An ech ginn un d'Konzept vun där Schoul erun.

D'Gemeng Déifferdeng mat no u 25.000 Awunner soll endlech e Lycée kréien, do si mer eis jo eens. D'Awunnerzuele klamme schnell a regelméisseg am Land, am ganze Land, an de Süde mécht do keng Ausnam! An duerfir ass de Bau vun engem neie Lycée zweifellos berechtigt.

Elo ass et awer esou, datt mer hei e spezielle Lycée bauen, an zwar ass et eng École internationale publique, an déi zwee Adjektive sinn dat eent esou wichteg wéi dat anert. Ech däerf elo schonn zéng Joer, méi wéi zéng Joer d'Éducatiounspolitik fir déi gréng Fraktioun suivéieren an ech hunn all déi Débaten, déi mer an deene leschten zéng Joer gefouert hunn iwwer eis Sproochesituatioun am schoulesche Kader, materielle.

Ech bedauern ëmmer erëm, datt d'Fuerschung, och vun der Uni Lëtzebuerg, wat den Émgang mat der Sproochervielfalt am Fondamental an am Secondaire betrëfft, nach ëmmer an de Kannerschong stecht an eis bis elo och nach keng definitiv geschéit Propose geliwwert huet, wéi mer an der Schoul oder an eise Betreuungstrukture besser mat där Sproochervielfalt eens kënne ginn. Mir hu mat dësem Gesetz keng Antwort op all d'Froen. Mir mengen awer, datt dee Wee, dee mer hei aschloen, en interessanten, e villversprechenden an e richtegen ass.

Zu Lëtzebuerg wiest d'Populatioun schnell a konstant. An et ass awer interessant, datt gëllt nëmme bedéngt fir d'Zuel vun de Kanner a Jugendlechen, déi an d'Schoul ginn. Ech hu mech e bësselche mat de Statistiken ausernegesat an zueleméisseg huet sech zum Beispill am Fondamental an deene leschte 50 Joer eigentlech ganz, ganz weëneg geännert. Mir hu praktesch genausou vill Kanner an der Primärschoul haut wéi viru 50 Joer. D'Zuel ass llicht eropgaangen, well d'Kannerzuel an der Spillschoul sech verduebelt huet a well mer de Précoce geschafen hunn. Also, wa mer méi Kanner am Primaire hunn, dann ass dat just duerch schoulpolitesch Mesuren, déi mer geholl hunn. Erstaunlech bei deem Uwuesse vun der Populatioun! Dat kann een noliere beim Statec.

An de Secondaireeschoulen hu mer e bëssen eng aner Entwécklung. 1960 waren am ganze Lëtzebuerg Postprimaire 10.621 Schüler. Haut si mer op praktesch 40.000 Schüler am Postprimaire. Hei war et och esou, eigentlech si mer linear ëmmer an d'Luucht gaangen, mä interessanterweis, 1980 ware mer bei 25.000 Schüler an dunn ass d'Schülerzuel erofgaangen. 1990 ware mer nëmme méi bei 20.000. Also solle mer dat och ëmmer am Hannerkapp behalen. Bon, wat war an den 80er Joren? Do hate mer d'Krisejoren! Dat huet natierlech och grouss Auswierkungen op eist Land.

Am Joer 2000 hate mer dunn 31.000 Schüler. An, wéi gesot, haut hu mer der no u 40.000.

Déi Zuele sinn awer interessant. Si soen eis, datt trotz engem schnellen Uwuesse vun der Gesamtpopulatioun praktesch keng méi eng grouss Populatioun vu Kanner a Jugendlechen do ass. Dat ass gesellschaftspolitesch net oninteressant. Do kann ee sech emol Gedanken driwwer maachen. Dat sprengt allerdéngs de Rame vun der heiteger Debatt. Op alle Fall, d'Schülerzuele ginn erop. Dat huet domat ze dinn, datt d'Schüler haut méi laang, a praktesch alleguer méi laang an d'Schoule ginn.

Mir wëssen och, datt d'Zesummesetzung vun der Populatioun sech geännert huet. Ech ginn net an den Detail. Mä trotzdem ass et awer wichteg ze wëssen, datt haut ronn 50% vun eise Kanner an eise Schoulen eng aner Nationalitéit wéi d'Lëtzebuerg Nationalitéit hunn. Dat ass souwuel an der Primärschoul wéi an de Lycéeën. A mir wëssen och, datt et en zimlech groussen Ënnerschied gëtt vun den auslänneschen Nationalitéiten, ob d'Kanner am Secondaire classique oder am Secondaire technique sinn.

An dobäi wësse mer och, datt d'Nationalitéit eigentlech fir eis an de Schoule komplett egal ass. Wichteg fir eis Schoulen, fir eis Enseignanten an eise Schoulsystem ass, éischstens, d'sproochlech Situatioun, de sproochleche Background, an natierlech och de soziokulturellen Hannergrond. Duerfir sinn ech och frou, datt de Ministère zënter e puer Joren Aussoe mécht iwwert déi éischt Sprooch, déi doheem geschwat gëtt. An do wësse mer och, datt dat eben a ganz ville Fäll eng aner Sprooch ass wéi d'Lëtzebuergesch.

Interessant - an dat ass dann e leschte Bléck op d'Statistiken, deen ech nach wëllt maachen -, ass, wann een da kuckt: Wat geschitt dann an de Schoulen? An all déi Zuelen hei ware fir d'effentlech Schoulen a fir déi Privatschoulen, déi voll subventionéiert ginn, dat heescht, déi och eisen offizielle Programm maachen. Wat geschitt dann elo am Secteur vun de Privatschoulen? Ma do stelle mer fest, datt déi traditionell Privatschoulen ëmmer manner Schüler hunn, also ëmmer manner Importenz. A mir stellen awer och fest, datt déi internationale Schoulen ëmmer méi Schüler hunn.

Dat heescht, wann een dat wëllt interpretéieren, a mir interpretéieren dat op alle Fall an déi Richtung, datt et eng Reaktioun ass och vun de Leit, déi bei eis am Land wunnen, déi ginn déi privat international Schoulen opsichen, well se do en anert Angebot an de Sprooch kréien. D'Zuele schwätze fir sech: 2000 hate mer 5.100 Schüler an den internationale Privatschoulen; 2013/2014 hate mer der 10.681. Also a knapp 15 Joer eng Verduebelung vun der Schülerzuel, déi an déi Schoule ginn!

De Lycée, dee mer zu Déifferdeng bauen, baséiert op engem neie Konzept, an dat baséiert op enger Décisioun vun der Regierung vum 31. Juli 2015 an et gesäit en internationale Schoulparcours vir, dee beim Cycle 2 vun der Grondschoul ufängt a mat engem europäesche Bac ophält, sief et an der Filière francophone, sief et an der Filière anglophone.

Doriwwer eraus gehéieren zum Konzept och Klasse vum Enseignement préparatoire. Dat huet schonn zu villen Diskussiounen an der Educatiounskommissioun gefouert. Ursprénglech war och virgesinn, de Cycle inférieure vum EST an d'Gesetz fir dës Schoul anzuschreiben, dat ass och schonn hei erwänt ginn. De Minister an och déi gréng Fraktioun hätte mat där zousätzlecher Méiglechkeet fir dës Schoul kënne liewen. Opgrond vun enger Remarque vum Conseil d'État an och vu mangelndem Enthusiasmus bei anere Kommissiounsmitgliedern ass dës Iddi fale gelooss ginn.

Et war och ni direkt geplangt, fir där Klassen do vun ofank un unzibidden. Aus eiser Siicht hätt et eben där Schoul nach eng gewësse Flexibilität kënne ginn. An och wa mer eis dës Flexibilität bei dësem Gesetz elo net ginn, musse mer dee Projet hei mat enger grousser Flexibilität ugoen. Mir mengen, dat geet net dersonner.

De Projet de loi regelt och net am Detail, wéi do enseignéiert gëtt, mä mir probéieren, Gott sei Dank, awer och net, d'Rad komplett nei ze erfannen. Mir paken eis um Regelwierk vun den Europaschoulen un. An ech si ganz frou, datt de Minister eis d'Curricula vun der Europaschoul zoukomme gelooss huet. Ech ginn och aus Zäitgrënn net dorobber an. Ech mengen awer, datt mer eis insgesamt zu Lëtzebuerg eng kéier mat der Approche vun der Europaschoul, besonnesch wat den Émgang mat de Sproochen betrëfft, méi intensiv solle befaassen.

Europaschoul sinn eppes wéi e Lycée classique oder en Technique général. Si sinn e bësse wéi eng Gesamtschoul konzipéiert, droen awer net deene Schüler mat Lernschwierigkeete genügend Rechnung. Si bidden och keng Berufsausbildung un. Déi klassesch Europaschoul huet deene Kanner, déi sech schoulesch schwéierdinn, weëneg ze bidden!

Mir probéieren, dat besser ze maachen. Eis International Schoul bitt och Klasse vum Préparatoire un. A mir bidden och Klasse vum Accueil un. D'Gebaier sinn nach net gebaut, mä ëmmerhin ass d'Gesetz scho gestëmmt, datt se gebaut ginn. An Dank dem Déifferdenger Gemengerot an dem Buergermeeschter Roberto Traversini wäerten och scho bei dëser Rentrée 2016/2017 eng néng Klassen an där Internationaler Schoul zu Déifferdeng bestoen.

Am beschte Fall, an et ass vill doriwwer diskutéiert ginn, virun allem vun der Verriederin vun der CSV, am beschte Fall kënne déi Schüler vum Préparatoire herno an de System vum Secondaire nom europäesche Modell eriwuerwieselen. An net all Schüler wäert dat packen.

Ech gesinn awer och an de Classes préparatoires e relativ groussen Deel vu Schüler - ee Beamte vum Ministère huet vun engem Drëttel vun der Schülerpopulatioun geschwat -, déi an de Préparatoire orientéiert ginn, well se aus engem sproochleche Milieu kommen, dee wäit vun eisem traditionelle Schoulsystem ewech ass. A wa mer och nëmmen e klengen Deel vun dëse Schüler an dës Schoul orientéiert kréien a wann hinnen hei schoulesch gehollef ka ginn, dann ass dat an eisen Aen en Erfolleg!

A wann dat net geléngt, da musse mer kucken, datt d'Relève an engem anere Lycée, sief et an der Formation professionnelle oder an anere Formatiounen geholl gëtt, déi mer dann natierlech awer och mussen an deene Sproochen ubidden, déi mer hei an deem Déifferdenger Etablissement wäerte léieren. Dat ass natierlech eng grouss Erausforderung. Mä ech mengen, mir mussen eis där Erausforderung stellen.

Dës Schoul gëtt hei och gebaut a konzipéiert fir déi international Communautéit. Mir denken un Esch/Belval. Mä et ass awer och wierklech eppes, wat fir déi lokal an déi regional Populatioun geduecht ass. Mir kennen de plurikulturellen Aspekt vum ganze Land an natierlech och vun der Minettregioun. An et ass eng Schoul, déi wierklech och méi staark soll op d'Besoin vu ville Kanner aus där Regioun agoen an, aneschtens wéi aner Lycéeën, ebe mat méi Flexibilität, méi „à la carte“ soll kënne funktionéieren, wat d'Angebot vun Sproochenunterrecht betrëfft. A wat fir d'Stad Déifferdeng Sënn mécht, gëtt eigentlech op villen anere Plazen am Land och nach gebraucht.

Am Dokument vun der Pressekonferenz vum Ministère vun dësem Méindeg heescht et, mir hätte schonn international Formatiounen am Zentrum, awer bis ewell nach keng am Süden. Dat ass richtig. Mä dat Angebot, wat mer am Zentrum hunn, ass awer nach ganz, ganz bescheiden. Am Schouljoer 2014/2015 ware 87 Schüler am LTC op enger franséischer Bac-international-Klass, 85 op enger englescher Bac-international-Klass am Athénée an 213 Schüler insgesamt op enger englescher Klass am Michel Lucius.

Wann da bis den Déifferdenger Lycée voll ausgebaut ass, da solle mer hei 1.400 Schüler kënne ënnerriichten. Do ass dann awer vill méi Angebot.

Et ass e gewaltigen Ënnerschied, wat den Internationalen Déifferdenger Lycée betrëfft a wat d'Europaschoul ugeet. Dat hei ass eng effentlech Schoul, den Déifferdenger Lycée, an den Zougang ass fir all Schüler selbstverständlech gratis. An d'Europaschoul ass fir déi normalstierflech Schüler net gratis. Also hei ass e fundamentalen Ënnerschied!

Wie kënnt an dës Schoul? Do kann ee laang driwwer debattéieren. Ech mengen, mir hu ganz vill Schoulprojeten, wou mer och mat Demandé fueren. Eigentlech all Schoul funktionéiert mat Demanden. Ech ginn dovun aus, de Minister huet et gesot, en Deel bleift, e groussen Deel, d'Halschent bleift fir déi lokal Populatioun an déi aner fueren no Dossieren. An ech hoffen, datt d'Politik sech eraushält an ech ginn och fest dervun aus - ech ka mer et net anescht virstellen -, mä datt et de Lycée ass, dee kuckt, wéi eng Schoul am beschten an där Schoul kënne gehollef kréien. Dat kenne mer vum Lycée Ermesinde, mir kennen dat vum Schengen-Lycée, mir kennen et vun „Eis Schoul“. Do gi mer eigentlech keen neie Wee.

E weideren, wesentlechen Ënnerschied vun der Déifferdenger Schoul a vun der Europaschoul ass de Fait, datt et eng Lëtzebuergesch Schoul ass! An duerfir ass och Lëtzebuergesch als Sprooch vun der Integratioun obligatoresch! An dat ass gutt esou. An et ass schonn awer llicht schlechte Wëllen, wann d'Madamm Hansen mengt, datt e Lëtzebuergesch do schonn d'office net kéint an d'Schoul goen, well vu véier Sprooch rieds wär fir dohinner. Ech ka mer dat...

(**Interruption par Mme Martine Hansen**)

Jo, Dir däerft.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci. Ech wollt just soen, datt um Site vun der Schoul

steet, datt d'Kanner déi Sproochen scho misste kennen. Dat heescht, d'Kanner musse scho Franséisch, Däitsch, Englesch oder Portugisesch kennen, ier se an d'Schoul kommen. An ech mengen, datt déi mannst Lëtzebuergesch Kanner dat virum éischte Schouljoer scho wëssen oder kennen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Gutt. Madamm Hansen, ech géif mer wënschen, ech kréich elo eng hallef Minutt bäi. Well ech awer eise President a senger Gerechtegkeet a Strengheet kennen, sinn ech mer do net esou sécher. Ech wollt ganz kloer soen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Iwwer eng hallef Minutt kënne mer diskutéieren.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Très bien! Merci.

► **Une voix.** - Déi ass elo grad eriwuer.

(**Hilarité**)

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Déi eng Hand gëtt et, déi aner hält et. Ech hu just gesot, Madamm Hansen, ech bleiwen do derbäi, fir mech ass et evident, datt d'Lëtzebuergesch Schüler kënne an déi Schoul och goen. An egal wéi et formuléiert ass, da kucken ech op de Minister, deen huet herno méi Riedezäit, da kann deen eventuell do eppes soen. Ech stinn derzou, datt do och Lëtzebuergesch Schüler kënne hikommen.

Déi Déifferdenger Schoul ass eng Ganzdagschoul. Dat kenne mer aus rezente Pilotprojeten. Dat ass e Wee, dee mer ginn, an dat fanne mer och berechtigt.

Här President, ech gesinn dësen neien, mir gesinn, déi gréng gesinn dësen neien Internationale Lycée och e bëssen als Konsequenz vun där nach vun der Madamm Delvaux ugefouerten Diskussioun iwwert den Émgang mat eiser Sproochervielfalt zu Lëtzebuerg. Ech si frou, datt de Projet am Hierscht mat néng Klasse wäert starten. An natierlech bleiwe vill Froen op, mä op d'mannst reagéiere mer op d'Entwécklung vun eisem Land an de leschte Jorzéngten!

D'Populatioun zu Déifferdeng ass äänlech wéi déi zu Esch, an eigentlech wéi déi am ganze Land. Mir brauche méi e breet Angebot, wat den Émgang mat de Sproochen betrëfft, am Intérêt vun der effentlecher Schoul, am Intérêt vun deene Jonken, déi hei liewen a léieren.

An et ass gesot ginn, datt et eng Vermeschung wier vun deenen zwee Regimenter vum Lycée a vum Préparatoire a vun der Europaschoul. Mir begrëssen dës Vermeschung, well mer mengen, datt ebe grad just mat där Vermeschung déi Defiziter vun deenen zwee Systemen kënne opgehuewe ginn.

An e lescht Wuert nach, Här President, et ass gesot ginn, datt dës Projet eng Rei Risiken huet. Jo, den Här Berger huet gesot, de Projet wier vläicht net perfekt. Ech stinn do derzou. Mä genausou stinn ech derzou, datt mer mat dësem Projet eng Rei Chancen huelen. An duerfir wëlle mir eis och als Gréng op déi Chancen, déi mer hei kréien, déi mer hei kreeieren, fokusséieren. A mir freeën eis drop, datt mer endlech dee Wee hei ginn, fir méi Offenheet an der Sproochervielfalt ze kréien.

An e lescht Wuert dann nach, en allerlescht Wuert: Ech bedauern dee Communiqué, deen ech haut de Moien och nach geschéckt kritt hu vun enger Associatioun, déi „Nee2015“ geheescht huet, wou gesot gëtt, mer géife mat dësem Projet vill Barrieren opbauen. Ebe grad just net! Duerch dës Projet leeschte mer e Bäitrag zur Integratioun. Duerch dës Projet probéiere mer, keng Parallelwelten nei ze schafen, mä Parallelwelten, déi scho bestinn, ofzebauen!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - An hei steet och nach, datt déi Schüler et schwéier wäerte kréie bei der Berufswiel. A mir menge grad just, datt mer hei enger ganzer Rei Kanner wäerten d'Méiglechkeet ginn, iwwerhaupt e Beruff ze léieren!

An et ass jo net esou, wéi wann all Kand misst an dës Schoul goen. Déi wäert net op all Lëtzebuergesch Schüler passen, oder op all Schüler zu Lëtzebuerg. Mä heimat gi mer enger gewëssener Zuel vu Schüler mat enger gewëssener Problematik eng Chance, an dat ass gutt esou! An dofir bréngen ech den Accord vu menger Partei.

Merci fir Är Ënnerstëtzung.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo direkt den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer hei viru Kuerzem de Projet iwwert d'Infrastruktur gestëmmt haten, dee mer jo och eestëmmeg ugeholl hunn, do war et fir eis



alleguer kloer, datt en neie Lycée muss op Déif-ferdeng kommen. Et ass wierklech eng vun deene Regiounen am Land, wou sech ëmmer méi e grouse Prozentsaz vun eiser Populatioun konzentréiert. An datt déi schoulesch Infrastrukturen do musse mathalen, dat schéngt eis ganz evident!

Am sektorielle Lycéesplang war an der Phas 2 en zweete klassesche Lycée fir de Süde virgesinn an et schéngt esou ze sinn, datt deen europäesche Lycée, dee mer elo dohinner kréien, jo soll d'Plaz huelle vun deem Lycée, dee virgesi war. Dofir muss een dat och an deem Sënn kritischesch kucken, well jo schonn am Joer 2007 d'Capacitéite vun deene klassesche Lycéeën am Süden un hir Grenze komm sinn a mer eigentlech elo eng Infrastruktur dohinnersetzen, déi dann also net méi déi demografesch Entwécklung vun der Regioun soll opfänken, mä dorwäer eraus jo och fir Kanner oder Jugendlecher aus anere Regiounen vum Land op ass, sou datt also de Problem, dee sech am Süde stellt vun ongenügende Schoulinfrastrukturen, heimmadder net geléist gëtt.

An dem Rapport - ech soen dem Här Delles nach eemol villmools Merci fir e ganz komplette Rapport -, gëtt dat jo och beschriwwen, déi demografesch Entwécklung. Mä wann een dat kuckt, da soe mir, datt mat deem Projet d'Regierung net dee richteg Choix gemaach huet. Wat hei gefeelt hätt, dat wär e weideren traditionelle Lëtzeburger Lycée, sief et e klassischen, sief et en technesche Lycée, jee nodeem, wat an der Regioun grad am meeschte gefeelt hätt. An deen heite Projet, dee kann eben deem Besoin net nokommen.

D'Motivatioun, an dat seet den Här Delles jo och, ass eben, datt ëmmer manner Kanner doheem Lëtzebuergesch schwätzen. An d'Regierung schafft elo eng Schoul, an där déi Lëtzeburger Sprooch beschtefalls - beschtefalls! -, ech kommen dorobber zrëck, nach eng Nieweroll spillt.

Fir d'ADR wär et awer ëmsou méi néideg gewiescht, d'Integratioun ze begënschtegen an all deene Kanner den Zougang zu eisen dräi Sproochen, a virun allem och zum Lëtzebuergesch, ze erméiglechen duerch Intensivcoursen, Classes d'accueil oder aner Moossnamen, wéi se néideg gewiescht wären.

D'Regierung mécht de Géigendeel. Si behaupt zwar, si géif eppes wëlle fir d'Integratioun maachen, si mécht et net! A si schafft hei am lëtzebuergeschen öffentliche Unterrichtsweisen e Schoulsystem, wou ee ka praktesch ouni Lëtzebuergesch an ouni Däitsch awer en Ofschloss kréien. Si férdert domadder d'Entwécklung vu Parallelgesellschaften a baut se ebe just net of.

Fir dat ze illustréieren: Fir eis Nationalsprooch ass an där neier Primärschoul zweemol eng hallef Stonn virgesinn, zweemol 30 Minutten, an an den ënneschte Klasse vum Secondaire zweemol 45 Minutten. An deenen ieweschte Klasse vum Secondaire näischt. Lëtzebuergesch ass an där Schoul also déi Sprooch, déi bäi Wäitem dee klengste Stellenwäert kritt huet, grad do, wou se vläicht am wichtegste gewiescht wär, wa mer müssen dovunner ausgoen, datt déi meescht oder op jidde Fall vill Kanner, déi an där Schoul sinn, nëmme ganz wéineg oder kee Lëtzebuergesch kënnen.

Wéi Lëtzebuergesch soll als Ëmgangssprooch eng Chance an där doter Schoul hunn, ass och beim beschte Wëllen net ze erkennen. D'Schoulsprooch si virun allem Franséisch, och Englesch a Portugisesch. An e groussen Deel vun Léierpersonal si keng Lëtzeburger, well mer „native speakers“ brauchen.

Fir als Auslänner an där Schoul kënnen ze schaffen, geet et duer, an enger vun eisen dräi Verwaltungssproochen en Niveau B2 ze hunn. An dat ass also mat Sécherheet net Lëtzebuergesch! Et ass och net virgesinn, datt d'Léierpersonal géif imposéiert kréien, fir Lëtzebuergesch ze léieren.

Iwwert d'Ëmgangssprooch an där Schoul steet och kee Wuert am Gesetz. Et gëtt zwar hei behaupt, Lëtzebuergesch wär d'Ëmgangssprooch, dat steet awer néierens. An et steet awer eng Lëscht do vun Apprentissages complémentaires facultatifs, déi stinn am Gesetz, also do, wou ee kann eppes méi léieren oder offréiert kréien, wann d'Kanner oder déi Jugendlech dat da gär hätten. Och do steet Lëtzebuergesch net derbäi. Dat steet net derbäi! Et brauch een also kee groust prophetescht Talent matzibréngen, fir ze wëssen, datt eis Sprooch an där Schoul keng grouss Roll spillt.

Derbäi kënnt, datt déi Schoul och nach eng gewëssen Autonomie kritt, wann et ëm Lëtzebuergesch geet, am Kader vun deenen Akkreditatiounsmoossnamen oder Richtlinnen, déi da fir eng europäesch Schoul do virgi ginn. Awer et gëtt eng Autonomie vun der Schoul, wou mer eis och froen: Wéi kann déi dann ëmgesat ginn, wann e groussen Deel vun den Enseignanten iwwer eist Land an iwwer eis Sprooch

och net vill weess? Et ass wahrscheinlech, datt déi Autonomie net derzou féiert, datt Lëtzebuergesch do op méi engem héijen Niveau enseignéiert gëtt.

Derbäi kënnt jo och nach de Problem, wa Kanner dann am Laf vun der Zäit aus dem Ausland bäikommen, déi dann net an der Primärschoul schonn an där do Schoul waren, mä spéider derbäikommen, dann hunn déi, wa se an deenen ieweschte Klassen am Secondaire bäikommen, iwwerhaupt kee Lëtzebuergesch, weder als Ëmgangssprooch nach als Schoulsprooch. An herno, wa se an enger aner Schoulsprooch bäikommen, musse se erëm virufänke mat deem bësse Lëtzebuergesch, wat do enseignéiert gëtt, soss komme se jo iwwerhaupt net mat!

Derbäi kënnt, datt am Rapport vum Här Delles - fir deen ech em nach eemol Merci soen, well en huet sech wierklech vill Méi ginn an der Kommissioun - steet datt „l'apprentissage du luxembourgeois“ ass limitéiert op „communication orale“! Lëtzebuergesch als Schrëftsprooch gëtt iwwerhaupt net ënnerriicht! Dat heescht, mir sinn och hei nach an engem Konzept vum Lëtzebuergesch, wat Jorzéngten zrëckläit. Et ass just Communication orale.

An da kënnt nach derbäi, datt am Gesetz - dat steet just am Rapport vum Här Delles, am Gesetzestext steet datt iwwerhaupt net -, d'Integratioun, dee Begrëff vun der Integratioun, deen hei jo ëmmer erëm héichgehal gëtt, dee kënnt net vir!

Den Artikel 2 vum Gesetz schreift vir als Missionne vun der Schoul: «(...) l'éducation et l'enseignement commun d'élèves d'origines diverses», et steet net do, d'Integratioun an d'Lëtzeburger Gesellschaft. «Lors de la mise en œuvre des programmes et du choix des matériels d'enseignement une attention particulière est consacrée à l'idée européenne,...», déi ass net weider präziséiert, wat dat elo konkret ass, «...à l'éducation au respect mutuel et à l'ouverture sur le monde extérieur.»

Et steet net do „Integratioun“, et steet net do „La connaissance du Luxembourg, de sa langue, de sa culture“, näischt dovunner steet am Gesetz! Dat heescht, wann hei gesot gëtt, et wär eng Schoul, déi géif d'Integratioun wëlle féerden oder eis Sprooch wëlle féerden, dann ass dat eng Déclaration d'intention, déi duerch d'Fakten, duerch d'Gesetzestexter zu deem, wat mer wierklech haut solle stëmmen hei, a kenger Weis beluecht gëtt! Et sinn héchstens esou Usätz dovun do, awer näischt Konkretes.

Et ass an eisen Aen en typescht Gambia-Gesetz. Et ass eppes, wat eis erënnert un dem Här Braz säin Nationalitéitgesetz, wou vill gesot gëtt, datt eis Sprooch nach géif héichgehal ginn. A Wierklechkeet gëtt iwwerhaupt kee Wäert drop geluecht!

Hei an der Déifferdenger Schoul ass et ganz äänlech. Et gëtt vill gesot, et wär eng Integratiounsschoul an et géif vill Lëtzebuergesch géleiert ginn an dat wär d'Ëmgangssprooch. Wann een d'Gesetz kuckt, gesäit een, datt dat iwwerhaupt net garantéiert ass!

Et ass fir eis och ganz kloer, dee Gedanken, datt Kaderen, Chercheure vun der Uni, Kadere vun Entreprises, déi nëmme eng kuerz Zäit hei op Lëtzebuerg kommen, datt déi müssen en adäquate schoulesche Kader fir hir Kanner kréien. Dat ass eng Selbstverständlechkeet, där Diskusioun verschléisse mir eis och net.

Awer déi Schoul zu Déifferdeng ass eng falsch Antwort op eng richteg Fro. Well, wann een deene Kadere wëllt entgéintkommen, da muss ee jo och, bon, der Vielfalt vun deenen dann och Rechnung droen. Da soll een dat och geografesch do maachen, wou déi Leit sinn, dat géif heeschen zu Belval, no bei der Uni, am Lycée zu Belval eng international Filière maachen. Dat wär och vläicht fir de Lycée technique méi einfach gewiescht, fir dat dann do ze maachen.

Mä dat war net den Usaz. Dat ass net de Choix, fir deenen internationale Kadere vun der Universitéit e bessert schoulescht Ëmfeld ze bidden. Dann hätt een dat hei net zu Déifferdeng gemaach an net an där do Manéier. Ech weess och net, wéi vill Universitätsprofesseren aus Portugal elo kommen, fir datt mer do eng portugisesch Schoulektioun missten hunn.

Dat ass eng Argumentatioun, déi gefouert gëtt, déi eigentlech Sand an d'Ae street. Et geet net dorëm. Et geet drëm, datt des Koalitioun wëllt eng Schoul schafen, déi et erméiglecht, laanscht dee Lëtzeburger Schoulsystem a laanscht déi sproochlech Realitéit vum Land hei eng Parallelgesellschaft ze begënschtegen. Dat ass schued, well déi Kanner, déi hunn herno enorm Problemer!

Dee Communiqué, deen Der haut geschéckt kritt hutt, deen treëft den Nol op de Kapp. Déi Kanner, déi duerch déi do Schoul kommen, déi hunn herno Problemer, eng berufflech Plaz...

(Interruption)

...ze kréien. Déi hunn herno genee déi Problemer, déi do ugeschwat ginn. An de Problem ass eben, datt do eng Schoul geschaf gëtt duerch des Regierung, déi eng Segregatioun vun Nationalitéite férdert amplaz eng Integratioun an eis Gesellschaft.

Et ass fir eis ganz kloer als ADR, loosst mech dat hei betounen, datt mir net bereet sinn, op déi traditionell Dräisproochegkeet vun deem Land ze verzichten, a scho guer net op eis National-sprooch, an datt mer d'Identitéit vum Land net wëlle veränneren duerch esou Initiative wéi déi heiten!

D'Madamm Hansen huet an hirem Exposé, deen ech mat zwou Hänn ënnerschreien, eng ganz Rei praktesch Froen - op déi kéinte mir elo net agoen, well eis nëmme zéng Minutten zur Verfügung stinn -, eng ganz Rei praktesch Froen opgeworf, déi weisen, datt dee Fonctionnement vun där Schoul an d'Integratioun vun där Schoul an déi allgemeng Schoullandschaft net duerchduecht sinn. Mir schafen also net nëmme fir d'Kanner eng sproochlech Situatioun, déi se ewechhält vun eiser Gesellschaft, a mir schafen hinnen och mangelhaft berufflech Perspektiven, mä derbäi kënnt, datt mer déi Kanner mat Problemer wahrscheinlech leie loosse!

Da wëllt ech nach soen, datt mir als ADR aner Prioritéiten hunn, wat d'Schoul ugeet. Zu eise Prioritéite géif ganz kloer gehéieren, datt mer kucken, datt déi Kanner, déi aus de Schoulssystemen kommen, datt déi erëm méi wëssen, datt se och kënnen konkurrenzfäeg si géint iwwer vun deene Kanner, déi aus der Groussregioun kommen an dacks besser ausgebilt si wéi déi, déi mir hei hunn. Eis Prioritéit wär och endlech eng Reform vum Enseignement professionnel, datt deen erëm fonctionnéiert. A virun allem och eng konsequent Integratioun vun deenen auslännesche Kanner, déi op Lëtzebuerg kommen.

Mir sinn amgaang, duerch d'Initiativen, déi des Regierung hält, eise Schoulsystem ze iwwerfuere. An dat ass weder am Interesse vun de Kanner nach vum Lëtzeburger Land! Mir hunn och dofir eng Proposition de loi gemaach iwwert d'Classes d'accueil, déi mer hoffentlech geschwënn och hei kënnen diskutéieren, well eisen Usaz ass eben d'Integratioun.

Et ass schued, datt mer haut müssen alt erëm eng Käer konstatéieren, datt des Regierung e Gesetz proposéiert, wat eng falsch Antwort ass op déi gesellschaftlech Situatioun hei am Land. An dofir wäerte mir dëst Gesetz och net stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Bon, d'Schafung vun där Internationaler Schoul zu Déifferdeng ass an deem Sënn interessant, well se u sech fundamental Froen opwerft, déi mat der Entwécklung vu Lëtzebuerg ze dinn hunn.

An den Texter, muss een awer soen, am ursprüngelechen Exposé des motifs, do huet et d'Tendenz, nëmme esou vu Lapalissaden ze wimmelen, also enger Terminologie, déi evident Constate mécht, wou awer keng reell Substanz derhannert ass! An d'Schafung vun där Schoul gëtt och mat enger Rei vun, a mengen Aen, Lapalissaden ënnermauert.

D'Gesellschaft gëtt ëmmer méi heterogen, si gëtt ëmmer méi international an dorobber muss een eng Antwort fannen. A grad well eis Gesellschaft ëmmer méi international gëtt, wat ech net a Fro stellen, well et e Fakt ass an och u sech éischter positiv ass - dat ass awer guer net esou nei, well dat ass de Fall zënter weinstens 50 Joer -, da misst een dann deem Rechnung droen, andeems een eng „international“ Schoul schafft. Eng „international“ Gesellschaft, also eng „international“ Schoul - kléngt losgesch, ass awer an eisen Aen net richteg!

An do brauch ech och nëmme aus dem ursprüngelechen Exposé des motifs ze zitieren, well dat ass awer interessant: «Suite au déménagement de l'Université du Luxembourg à Belval et à l'implantation d'entreprises multinationales dans la région, la population de celle-ci s'internationalise de plus en plus.» Weider heescht et: «Une offre scolaire de qualité est un élément important dans la décision d'une entreprise, d'un investisseur étranger ou d'experts scientifiques de s'installer ou non au Luxembourg.»

Et ass schéin, datt ee bekräftege muss, datt et wichteg ass, datt mir héich qualitativ Schoule brauchen a bauen, fir och auslänneschen Investisseuren a Multinationale Merci ze soen. Ech

wier frou, wa se och géife Steiere bezuelen! Mä dat ass eng aner Diskussioun.

D'Fro, déi sech also hei stellt, ass déi folgend: Schafe mer eng international Schoul oder eng Schoul, déi der Multikulturalitéit vun eise Land Rechnung dréit, oder eng Schoul ënner anerem och fir Multinationaler?

Mä iwwerhaupt, ass esou eng Schoul am Interesse vum Zesammenhalt hei am Land an am Interesse vun de Kanner, ob se vun hei sinn oder ob hir Elteren „expats“ sinn, oder wahrscheinlech och Immigranten, also Leit, déi d'Vokatioun hunn, hei ze bleiwen? Mir mengen dat net!

Et gëtt argumentéiert, datt de Modell vun den Europaschoulen e Succès wier. Ech woen dat wierklech ze bezweifelen. Net, datt d'Coursen an dese Schoule schlecht wieren, dat ass net d'Fro! Mä et gëtt emol behaupt, an ech zitieren: «Cette expérience éducative, rassemblant des enfants de nationalité et de langue maternelle différentes a rapidement été jugée positive au sein des six gouvernements concernés (...)» Dat war nach zu Zäite vun der CECA an de 50er Joren. An, jo, „rapidement“, do ass schonn emol alles gesot! Wie ganz schnell zu engem Schluss kënnt a puncto Schoulssystemer, deen huet da schonn direkt en initiale methodologesche Problem.

Et gëtt Leit hei zu Lëtzebuerg, déi schonn iwwer 50 Joer hei liewen, déi hei gebuer sinn an déi sinn duerch déi Schoule gaangen. Et si ganz gutt Leit, déi et och meeschtens zu eppes bruecht hunn an hei gutt liewen. Dat ass richtig. Mä si leiden och dorënner, datt se deelweis, an dat ass de Fall, an enger Aart Ghettogesellschaft grouss gi sinn, ouni richteg Bezuch zum Hierkunftsland vun den Elteren, wou se héchstens munchmol an d'Vakanz ginn, an datt se awer och net wierklech hei sinn.

Ech wëll d'Europaschoul net fundamental a Fro stellen, si ergëtt och Sënn fir Kanner vu Fonctionnaires, zemools vun deenen, déi vun der Natur vun hirer Missioun hier jo all puer Joer d'Land wiessele müssen. An dofir gëtt et jo och verschidden international Schoulréseauen, fir ze verhënnern, datt d'Kanner ëmmer erëm sech müssen un en neie Schoulsystem gewinnen. Mä déi allermeescht bleiwen hei, ginn hei grouss a si hunn d'Vokatioun, Membere vun der Lëtzeburger Gesellschaft ze ginn an net éiweg u sech friem doheem ze sinn.

Ech ka mech nach erënnern, virun zwielef Joer schonn, un eng Fra, déi hei gebuer ass, am selwechten Alter wéi ech, déi hei gebuer ass, d'Elteren Europabeamten, d'Mamm flamännesch, de Papp aus Sardinien, Italiener. Déi zwee hu Franséisch matenee geschwat, dat war déi eenzeg gemeinsam Sprooch. Déi jonk Fra ass an d'Europaschoul gaangen. Si konnt nëmme Franséisch, hat e belschen an en italeschen Pass an huet sech u sech och hei ni esou richtig zu Lëtzebuerg doheem gefillt, obwuel se hei gebuer ass a soss keen anert Land kann huet. Also et gëtt scho Parallelgesellschaften. Et ass e Beispill, et gëtt natierlech aner Beispiller, déi net onbedéngt an déiselwecht Richtung ginn.

Grad wa mer zu Recht feststellen, datt Lëtzebuerg also heterogen ass, wat d'Origin vum de Leit ugeet, grad wa mer feststellen, datt mer eis ëmmer méi internationaliséieren, da muss mer weinstens um schouleschen Niveau alles ënnerehuelen, fir datt d'Kanner, ob vun hei oder vu baussen, zesumme grouss ginn am selwechte System.

Wann ee sech och nach iwwerhaupt virstellt, wa mer dat u sech gemaach hätten deemools fir d'Kanner vun italeschen Immigranten, zum Beispill, datt mer speziell italesch Schoule geschafen hätte fir ARBEDs-Kanner, oder datt mer dat och mat der portugisescher Immigratioun geschafen hätten, ech weess net, ob dat ganz positiv fir déi Leit gewiescht wier, d'autant plus, datt se aus der Aarbechterklass meeschtens koumen a souwisou scho vun deem Standpunkt aus net onbedéngt esou favoriséiert wären.

Dofir, jo, ech mengen och, datt et wichteg ass...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Jo, et ass en Empoisonnéierten, très bien! Ech schwätze vun engem jakobinesche Standpunkt aus.

(Brouhaha)

Et ass e jakobinesche Standpunkt.

Ech mengen och, datt et wichteg ass, datt d'Kanner aus engem net Lëtzeburger Haushalt d'Méiglechkeet offréiert kréien, d'Sprooch vun



hiren Elteren - souwäit et net Franséisch, Däitsch oder Englesch ass, well dat léiere se souwisou -, datt se d'Sprooch vun hiren Eltere léiere mussen. Ech mengen, datt dat wichteg ass. Innerhalb vum Schoulsystem muss een dat entwéckelen. Léiere mussen, net nëmmen op eng oral Aart a Weis d'ailleurs, mä och op eng schréfftlech Aart a Weis.

Also déi ganz Theorie, fir ze soen, et soll ee just eng Sprooch nëmmen oral léieren oder ze kommunizéiere léieren, dat ass Quatsch, well eng Sprooch huet eng Syntax, eng Sprooch huet eng Logik an déi kann ee richtig nëmme beherrschen, wann ee se och schreiwe kann. Dat huet näischt domadder ze dinne, ob een duerno wëllt speziell Schrëftsteller ginn.

An da wollt ech awer och nach op eppes agoen, well ech si wierklech net averstanen, ënner anerem och mat engem Communiqué, deen ech och geschéckt kritt hunn hautzudaags, vun enger Associatioun oder vun engem Här vläicht och nëmmen, well et gëtt Leit hei, wann ech dat richteg entzifferen, et gëtt Tendenzen hei zu Lëtzebuerg, déi wëlle Franséisch zrëckdrängen. Dat ass näischt Neies, dat huet eng al Traditioun! Dat huet eng al Traditioun, déi Traditioun huet souguer e Klimax erreecht tëschent 1940 an 1944, muss een och soen. An déi, déi traditionellerweis dat Franséisch wëllen zrëckdrängen hei zu Lëtzebuerg, si genau déiselwecht och ëmmer gewiescht, déi dat Lëtzebuergesch duerch dat Däitsch wollten ersetzen.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Très bien!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Dofir mengen ech, datt een derfir suerge soll, datt all Kanner hei zu Lëtzebuerg..., an dat menge mir, dat mengen ech och wierklech als een, deen doheem Franséisch geschwat huet a frou ass, datt d'Mamm net op déi geckeg Iddi komm ass, deen an de Lycée Vauban ze schécken - souwisou koume mer net aus deem Milieu -, mä ëmmerhin an déi Lëtzebuerger Schoul ze schécken, soss géif ech nach méi exotesch Lëtzebuergesch schwätze wéi elo schonn.

Ech mengen, datt et wichteg ass, datt jidderee soll op Lëtzebuergesch alphabetiséiert ginn, net nëmmen oral, och schréfftlech. An duerno soll een och Franséisch léieren, soll direkt déi franséisch Alphabetiséierung kommen, vläicht verstärkt fir kleng Lëtzebuerger, déi Schwiegerkeeten hu mat deser Sprooch, mä an deenen hirem Intérêt et ass, se ganz gutt ze kennen, och grad, wa se net grad aus engem akademischen oder intellektuelle Milieu kommen. An dann eréischt, vu datt jidderee Lëtzebuergesch plus ou moins gutt kann, soll Däitsch kommen, wat dann och déi net Lëtzebuerger Kanner méi einfach wäerten assimiléiere kënnen. Eis Dräisproochegkeet muss mir verstärken an net déi eng Sprooch géint déi aner ausspillen.

An da vläicht nach e Wuert och zum Engleschen. Dat ass e bëssen eng Mä. Englesch ass eng wichteg Sprooch. Jidderee soll Englesch iergendwéi e bësse kënnen beherrschen. Jiddereen, dee sech fir Sproochen interesséiert, weess datt d'Léiere vum Englesche ganz schwéier ass, well Englesch ass a Wierklechkeet eng komplex Sprooch, eng Sprooch mat engem risige Vokabulär. An déi allerméist vun eis, déi schwätzen eng Aart „globish“, plus ou moins gutt, plus ou moins sophistiquéiert, mat deem ee sech och duerchkämpfe kann.

Mir kënnen gesinn, elo hautzudaags si jo immens vill nei jonk Leit aus Portugal, déi kommen heihinner, well se jo keng Aarbecht doheem fannen. Dofir kann d'portugisesch Regierung jo ëmmer behaupten, si géif de Chômage erofdrécken, dat ass, well se all auswandere, ënner anerem natierlech och hei op Lëtzebuerg. An an der Tëschenzäit, well se och duechten, et wier esou modern, immens vill Englesch ze léieren, op d'Käschte vum Franséischen, a Portugal, schwätze se elo Portugisesch an Englesch a fanne keng Aarbecht, well Englesch hei zu Lëtzebuerg bäi Wäitem net eng Sprooch ass, mat där ee sech kann duerchsetzen. An zemoos net, wann ee weder Franséisch nach Däitsch nach Lëtzebuergesch kann. An do huet Portugisesch (veuillez lire: Franséisch) eendeitig méi Poids hei zu Lëtzebuerg, op jidde Fall wat de professionnelle Milieu ugeet.

Also mir mengen, datt Lëtzebuerg weiderhin en Immigrationsland ass, wat derfir suerge soll, datt all seng Kanner, egal wou se hierkommen, zu vollwäertegen a voll mündige Membere vun eiser Schicksalsgemeinschaft ginn.

Mir mengen awer, datt dese Projet de loi d'Intérèsse vun de Multinationale mat den Interesse vum Land a mat den Interesse vun de Kanner, déi vu bausse kommen an déi Voka-

tioun hunn, heizebleiwen a Bierger vun deem Land ze ginn, datt en déi Interessen all matenee vermëscht. An dofir wäerte mir deem Projet de loi eis Zoustëmmung net ginn!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Très bien! Exzellent!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet elo direkt den Éducatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un all déi, déi des Innovatioun an eise Bildungssystem mat ënnerstëtzen, alle virop dem Rapporteur fir säi schréfftlechen an och säi mëndleche Rapport. E Merci och fir all Intervenanten.

Ech gesinn, mir hunn eis alleguerten et net einfach gemaach mat esou enger Innovatioun. Dat verstinn ech. Et soll een do ganz genau kucken. Et geet jo awer ëm e Stéck vun eise Bildungssystem. Mä eigentlech maache mer eppes, wou mer probéieren, en Hiewel, deen elo iwwer Jore ganz wäit an eng Richtung gedréckt ginn ass, näamlech datt ëmmer méi vun eise Schüler, an d'Chiffere si genannt gi vum Claude Adam hei, a Privatschoule ginn, erëm e Stéck wäit och an déi aner Richtung ze drécken, an datt mer d'Aufgab vun der éffentlecher Schoul emol nach eng Kéier kloer virun eis gesinn, näamlech jiddwerengem hei am Land - jiddwerengem hei am Land! - eng adequat an eng qualitativ héichwäerteg Ausbildung kënnen unzebidden.

A mir hunn nun eben emol verschidde Profiller vu Schüler. Mir hunn eng ganz heterogen Schülerschaft. Mir hunn der, déi hei op d'Welt komm sinn. Mir hunn der, déi doheem Lëtzebuergesch schwätzen oder déi iergendeng aner Sprooch schwätzen. Mir hunn der, déi iergendwann am Laf vun hirem Schoulparcours an eist Land kommen. Mir hu momentan awer net iwwerall adequat Offeren, déi mer all deene Schüler do kënnen maachen. An an deem Sënn komme mer hei dem Zil erëm e Stéck méi no, op d'mannst fir déi 1.400 Schüler, déi herno an déi dote Schoul kënnen goen, fir datt d'ëffentlech Schoul erëm ka behaapten: Jo, mir hunn eng Plaz an eng gutt Ausbildung fir jiddwereen an der éffentlecher Schoul hei zu Lëtzebuerg. A mir brauchen do net direkt de Feil virun d'Dier ze setzen: „Déi an déi an déi Kategorie vu Schüler solle sech, wann ech gelift, an de Privatschoule mellen.“

Et gëtt och déi, déi eigentlech dann oft an der éffentlecher Schoul keng Plaz fannen, déi mer dann a Privatschoule fannen. Mir hunn och déi lescht Joren d'Entwécklung vun de Privatschoule begënschtegt, net nëmmen, well vill Leit aus dem Ausland bei eis komm sinn, och well mer geduecht hunn, datt dat eng Alternativ kéint si fir deen een oder deen anere lëtzebuergesche Schüler.

Ech wëll just betounen: Mir hunn och lëtzebuergesch Schüler zum Beispill an der International School, dat sinn der ronn 100. Mir hunn och 250, ronn 250 lëtzebuergesch Schüler haut schonn an den Europaschoulen. Dat heescht, et gëtt och vun do aus en Interessi un engem internationale Schoulmodell. Dat ass eppes, wat absolut net friem ass. Allerdéngs muss mer jo awer wëssen, datt do d'Elteren dach ganz daitlech zur Keess gebiede ginn, an eenzelne Privatschoule bis zu 15.000, 16.000 Euro d'Joer, jee nodeem, op wat fir engem Klass datt een ass. An do weess ee jo, datt net jiddweree sech dat ka leeschten, wann dat fir deen dann awer vläicht déi optimal Schoul ass.

A wat maachen déi? Een Deel probéiert et bei eis an der Schoul, mat méi oder manner Erfolleg, oft mat engem Misserfolleg, mat engem Échec. Een Deel décrochéiert. En Deel fanne mer am Ausland erëm. Mir mussen wëssen, datt mer nach ëmmer ronn 3.000 Schüler hunn, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, déi an d'Ausland an d'Schoul ginn. Och dat ass eng Realitéit. An och fir déi maache mer mat esou engem Projet wéi deem heiten erëm eng ganz konkret Offer innerhalb vun der éffentlecher Schoul, wou mer kënnen soen: „Jo, bleif hei! Och du bass e Schüler vu Lëtzebuerg. Och du kriss eng Offer an der éffentlecher Schoul gemaach“, soudatt mer hei dem Zil, datt d'ëffentlech Schoul erëm fir e Stéck méi Kohäsion an eise Land soll suergen, erëm gerecht ginn, well mer net dës le départ e ganze Krees vu jonke Résidenten ausschleissen, well se eigentlech net richteg de Profill hunn, fir an eiser éffentlecher Schoul kënnen Fouss ze faassen.

Mir mierken, datt, zanterdeem dese Projet hei annoncéiert gouf, den Interessi extrem grouss ass. Um Ministère rabbelt den Telefon permanent bei där Équipe, déi d'Koordinatioun bis

elo vun deem Projet hei gemaach huet, vun Elteren, déi Informatiounen wëllen hunn, déi wësse wëllen, wéini den Délai d'inscription ass. Déi wëlle wëssen: Geet dat doten dann elo op?

An duerfir hu mer net gewaart, an et ass vun eenzelne Riedner jo och positiv ënnerstrach ginn, bis 2020, bis all déi Raimlechkeete fäerdeg sinn, mä mir wëllen au fur et à mesure, wéi Raimlechkeeten disponibel sinn, ufänken. An dat ass dann, virun allem Dank der Hëllef vun der Stad Déifferdeng, méiglech, fir et am September 2016 ze maachen, wann d'Chamber dann elo gläich an e puer Minuten och nach e positive Vott hei wäert ofginn, wouvunner ech awer wëll emol ausgoen.

Iwwerhaupt ee grouse Merci un d'Stad Déifferdeng, net nëmme fir déi Iwwergangsraimlechkeeten, wou mer elo 2016 kënnen ufänken, mä och, datt zwee vun deenen dräi Gebaier, déi do herno op deem Campus um Plateau du Funiculaire entstinn, vun der Stad Déifferdeng virfinanziert ginn, ënner hirem Regie gebaut ginn, herno vum Stat opkaaft ginn. Dat erlaabt eis et och, d'Croissance vun där Schoul dach ganz schnell kënnen weiderzedreiwene, en fonction ebe vun den Inscriptiounen, wéi mer se erwaarden.

A wann eng anglofon Klass elo fir d'Rentrée 2016 ewechgefall ass, dann ass dat ebe grad, well mer dach nach e bësse gequëtscht sinn an deene Raimlechkeeten, déi mer hunn. Duerfir si mer frou, datt mer 2017 nach méi grouss kënnen ausbauen a méi grouss kënnen denken.

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Merci!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- D'Fro ass... Dir hat et anscheinend vermësst am November, hunn ech mer soe gelooss.

(Hilarité)

Do war meng Riedezäit och e bësse méi beschränkt a meng Interventioun war méi kuerz, duerfir ass dat vläicht net esou hei erwäant ginn.

Et ass e puermol driwwer diskutéiert ginn: Esou ee Lycée dann zu Déifferdeng? Hätt net en anere Lycée missen dohinnerkommen? Ma, wéi ech d'Responsabilitéit am Ministère iwwerholl hunn, louch e Konzept vir, fir e konventionelle Lycée dohinnerzesetzen, den Ennergrad, souwuel ES ewéi och EST, dann awer bis op d'Première erop ES.

An ech hu mer awer seriö d'Fro gestallt: Ass dat da wierklech dat, wat Déifferdeng brauch? Mir hunn och nach eng Kéier d'Chiffere gekuckt. Mir hunn d'Orientatioun gekuckt nom Cycle 4.2. A mir hunn awer ganz schnell gemierkt, datt et dat eigentlech net ass! A mir kennen nun awer déi Regioun do, eng ganz multikulturell Regioun, eng Regioun haut, wou nach ëmmer ganz vill Awunner direkt vu bausse, vun ausserhalb vun eise Land sech implantéiere komme mat hirer Famill, an deenen hir Kanner och do mussen an d'Schoul goen.

Et ass eng Grenzstad. Et ass no beim neien Entwécklungszentrum am Süden um Belval, mat all deenen Héichschoul- a Fuerschungsinstituter. An et gëtt keng international Offer, weder vun enger Privatschoul nach vun enger éffentlecher Schoul, bis ewell am Süden. Soudatt ech denken, datt genau dat heiten datt ass, wat complémentaire zu där Offre scolaire ass, déi mer an där Regioun do hunn.

Firwat nach eng Kéier datselwecht maachen, wat zu Esch e puermol steet, wat zu Péiteng steet, wat um Belval steet? Ma neen, kommt, mir maachen eppes aneschtens, well ech eben der Meenung sinn, der fester Iwwerzeegung sinn, datt mer schonn ze vill vun deemselwechten an eiser Schoullandschaft hunn. Mir brauchen méi Diversitéit, fir eben deenen ënnerschiddleche Schüler, fir der Diversitéit vun der Schülerschaft méi staark kënnen gerecht ze ginn.

Et ass hei gesot ginn, d'Maison relais, dat heescht déi ausserschoulesch Betreierung, déi wär gratis. Ech weess net, wou Der dorunner kommt, Madamm Hansen. Dat ass net esou. Dat leeft esou wéi an all aner Maison relais och.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, eng Prezisioun vun der Madamm Hansen.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Sécher, gären.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hat gesot, d'Ganzdagsbetreierung wier hei gratis, esou äänlech wéi am Lycée zu Jonglënster, an där heiter Schoul.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- D'Maison relais fir d'Grondschoul, déi ass payant, wéi op allen anere Plazen. A wa péri- a parascolaire Aktivitéiten ugebuede ginn, da sinn déi och gratis, wéi op anere Plazen an der Regel, wéi Der et jo grad gesot hutt.

Dir hutt lech grad selwer widdersprach, well Dir hutt gesot: „Jo, et ass jo awer esou wéi am Lycée zu Jonglënster.“ Virdrun hutt Der gesot: „Jo, mä et gëtt eng Ongerechtegkeet, well op deenen enge Plaze mussen se bezuelen“, an hei zu Déifferdeng bräichte se net ze bezuelen. Ech kommen do net ëmmer ganz mat, mat deem, wat Der do wëllt konstruieren, muss ech soen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hat lech eng Question parlementaire gestallt an Dir hutt gesot, Dir géift e Konzept maachen, wou am Prinzip deen dote Problem géif geléist ginn, well mer plazeweis am Land Semi-Internaten hunn, déi payant sinn, a plazeweis am Land hu mer Ganzdagsbetreierung a Lycéeën, wou et net payant ass. An do wollt ech u sech froen, wou dee Konzept dru wier.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Jo, dat hutt Der och gefrot. Mä Är Behauptung iwwert d'Gratuitéit vun der ausserschoulescher Betreierung war eng ganz aner. An dorobber hunn ech lech elo geäntwert. An un deem Konzept si mer amgang ze schaffen. Da kommen ech ganz gär eng Kéier dermadder heihinner, wann et da virläit.

Jo, mir wollten, an et war eigentlech och an den Diskussiounen mat der Stad Déifferdeng ee vun de Punkten, eng Regel drasetzen, datt mer natierlech gäre lokal a regional Schüler hätten, datt et net wierklech eppes ass, wou herno déi Déifferdenger Schüler oder déi aus den Nopeschgemengen awer mam Bus a mam Zuch iergendwou aneschtens mussen hifueren, a moies der da mam Bus a mam Zuch heihinnerkommen, fir dann hei déi Schoul kënnen ze besichen. Mir haten dat jo och wëllen iwwer eng Selektionsprozedur, déi mer an d'Gesetz geschriwwen haten. De Statsrot huet sech dorunner gestouss. Ech mengen awer, datt d'Philosophie nach ëmmer déiselwecht soll sinn, datt mer virun allem e gudder Mix sollen hunn.

An ech gleewen och dorunner, well bei deenen, déi uruffen, a bei deenen, déi mech och perséinlech kontaktéieren, do sinn der awer mat ganz ënnerschiddleche Profiller. Ech gi jo meeschtens, wann et ufänkt däischter ze ginn, och op Déifferdeng, an do begéinen ech der awer emol nach heiansdo, an de Weekend begéinen ech och nach heiansdo Leit. Do si Leit, déi schwätzen een un a soen: „Geet déi Schoul dann elo op? Ech wëll dohinner.“

Här Kartheiser, do kommen och Schüler bei mech, déi elo schonn an der Grondschoul sinn, déi e perfekt Lëtzebuergesch schwätzen an déi soen: „Ech wëll eigentlech gären an där Schoul do Fouss faassen“, an déi vläicht e Migrationshannergrond hunn. An et ass net esou, datt déi alleguerte kee Lëtzebuergesch géife kënnen. Ech weess net, wat fir e Bild datt Dir do zeechent, mä dozu kann ech herno vläicht nach e puer Wuert méi soen.

Mä et ass eben och eng Schoul fir eng international Communautéit, déi am ganze Land wiisst, fir déi mer momentan am Süde keng Offer hunn. An ech denken, grad mam Entwécklungspotenzial vun engem Projet wéi Belval mat Héichschoulinstituter, mat Fuerschungsinstituter an och mat aneren Entreprises, déi sech sécherlech nach an der Regioun do a Proximitéit wäerten nidderloossen, ass dat eppes, wat absolutt Sënn wäert maachen.

D'Selektioun geet dann esou, wéi se eben och an anere Lycéeën geet, mat der Ausnam ebe just, datt mer hei eng Schoul hunn, déi eng Offre unique huet an dann eben net de Lycée de proximité do spillt, de Prinzip vum Lycée de proximité. Mä et gëtt kee refuséiert, ier den Délai d'inscription ofgelaf ass. Da gëtt gekuckt, wiwill Demandé sinn a wiwill Capacitéit do ass. Da muss jo och hei nach eng Kéier gekuckt ginn, et ass e bësse méi komplizéiert wéi an anere Schoulen, well mer zwou Sektioune hunn, eng anglofon an eng frankofon: Wat fir eng Demanden hu mer fir déi eng a wat fir eng hu mer fir déi aner Sektion? An dann ass et un der Schoul, do hir Selektioun ze maachen.

An ech mengen och, datt et un der Schoul ass - well den Opbau vun de Klassen iwwert déi nächst Joren, datt ass jo emol eng Prognos an eng Hypothees, déi mer gemaach hunn -, fir deementspreechend hir Offer kënnen unzepasen un déi reell Demande vun de Schüler an de jeeweilege Sektioune. Dat ass jo wuel evident.

D'Orientatioun, wat fir eng Orientatioun muss een hunn nom Cycle 4.2, fir dohinnerzekommen? Dir plädéiert derfir, datt een eng Orientatioun an den ES misst hunn.

(Interruption)

Ah, dann hunn ech nees erëm eng Kéier falsch verstanen! Dat ass da wuel e Problem tëscht eis zwee.

► **Une voix**.- Aha!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Mä da musst Der lech vläicht e bësse méi prezis aus-



drécken a konkret emol heiansdo soen, wat Der da gären hätt, well an der Kommissioun ass dat jo och net ëmmer esou ganz konkret gewiescht. An ech hu vill probéiert, der Opposition entgéintzekommen. Ech hu souguer an eenzelne Punkte gesot: „Sot mer wann ech gelift, gi mer dem Statsrot do no oder net? Solle mer dat doten nach eranhuelen oder solle mer et net eranhuelen?“ An dann op eemol ass awer och erëm näischt méi komm, wann een lech d’Froen esou gestallt huet. Dat muss awer och emol nach eng Kéier gesot kënne ginn.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Här Minister, mir hunn lech och d’Fro gestallt, wéi déi Critères d’admission sinn. An dat, wat Der elo just geäntwert hutt, ass awer largement insuffisant, fir prezis ze sinn!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Si sinn esou wéi an allen anere Schoulen...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Largement insuffisant!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Dach, et ass ganz prezis! Si sinn esou wéi an allen anere Schoulen och, mat Ausnam, datt et hei net de Prinzip vum Lycée de proximité gëtt.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dir hutt gesot, d’Schoul, wann ze vill Schüler wäeren, géif déci- dëieren.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Jo.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech géif gär wëssen, no wat fir enge Kritäre se do décidëieren.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Jo, wéi déi aner Schoulen och!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Do ass et awer ganz dacks: Deen Éischten, dee kënnt, gëtt ugehall.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift, ech wär och elo frou, wa jidd- wereen, deen eppes ze soen huet, sech d’Wuert géif froen.

(*Brouhaha*)

An den Här Minister géif ech bieden, sech un d’Chamber ze adresséieren, da kréie mer vläicht net dauernd deen Dialog.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Ech hat gemengt, datt ech dat bis elo gemaach hätt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et fält engem selwer net ëmmer esou op!

(*Hilarité*)

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Jo, dat ka jo sinn. Dir schwätzt nach aus Erfahrung. Okay!

(*Hilarité*)

Ech soen allerdéngs, datt, wa mer net déi Ouverture do maachen, fir souwuel Schüler op Septième secondaire ze loossen an déi International Schoul, déi eng Orientatioun an eiser Grondschoul kritt hu fir ES an EST, da maache mer haut e grouse Feeler. Well haut, mat eiser heiteger Orientationsprozedur, wësse mer jo awer, wéi orientéiert gëtt! Wann e Schüler d’Konditiounen, fir an den ES orientéiert ze ginn, am Däitschen net packt, da gëtt en net heihinner orientéiert, dann huet e keng Chance! Da kritt e vläicht eng Orientatioun an den EST oder vläicht souguer eng an de Prépa- ratoire. An en hätt eng kënne kréien heihinner, wann dat Däitscht eben net esou gekuckt gi wär.

Duerfir, sot ech, brauche mer och aus där doter Iwwerleung eraus an aus ganz villen aneren Iwwerleungen, eng Reform vun der Orientationsprozedur, well mer ëmmer méi interna- tional Offeren (veuillez lire: Demanden) kréien an och déi musse considéieren an eiser Orientationsprozedur.

Et ass ee Lycée, deen huet dat doten d’ailleurs d’lescht Joer probéiert. E wollt eng frankofon Sektoun op Septième maachen. An en huet gesot: „Ech huelen awer nëmme Schüler, déi eng Orientatioun op den ES kritt hunn.“ An natierlech huet e kaum Schüler kritt, wat fir mech eigentlech och ganz kloer war dës le départ. Duerfir solle mer dee Feeler hei net maachen.

Wat d’Formation professionnelle ubelaangt, do hunn ech vun Ufank u gesot, datt mer egal wéi mussen Offere schafen, frankofon Offeren an och anglofon Offeren, där mer am Frankofonen net genuch hu par rapport zu de Sproocheca- pacitéiten an dem Sproochenannergrond vu ville Schüler, déi haut souwisou an der Forma- tion professionnelle sinn oder déi mer eigent- lech och gären dohinner géifen orientéieren. A well mer och fir all déi Schüler, déi haut schonn an enger privater engleschsproocheger Schoul

sinn zu Lëtzebuerg respektiv an enger anerer, och ëffentlecher engleschsproocheger Schoul sinn zu Lëtzebuerg, keng Offer hunn, wa se an d’Formation professionnelle wëlle goen oder wann et eigentlech optimal awer wär, fir se dohinner ze orientéieren, an dat geet eigent- lech erëm eng Kéier net.

Wa mer ëffentlech Schoul wëlle sinn, da musse mer deementspriedend Offere maachen. An dat steet jo souguer am Exposé des motifs vun dësem Gesetz, datt mer dat wëlle maachen. A mir sinn amgang, dorunner ze schaffe mat eenzelne Lycéëen, fir ze kucken, wéi si hir fran- kofon Offer kënne ausbauen. An och punk- tuell - punktuell, mir wäerte sécherlech net déi 120 Formatiounen an der Formation profes- sionnelle op Englesch kënne ubidden, dat kann et nun awer och net sinn, dat verbitt eis de klore Mënscheverstand jo awer gradesou - wäerte mer och do musse kucken, déi eng oder déi aner Offer am Engleschen ze maachen. Ech denken do ganz spontan un de Logistikberäich, well dat souwisou eng Formatioun ass, déi mer hunn, wou ganz vill Engleschkenntnisser er- fuerdert sinn.

Et ass laang geschwat ginn iwwert déi Voie pré- paratoire, woubäi een da muss kucken, wéi een dann do erëm eng Kéier jongléiert tëschent dem typesche Préparatoire, dee mer hunn - jo, et ass no deene Regeln organiséiert vum Pré- paratoire aus dem Enseignement secondaire technique -, mä awer och musse mer kucken: Wat fir eng Schüler kommen heihinner a mat wat fir engen Hoffnungen? Mir kréie jo och hei vill Schüler, déi aus eise Fondamental eraus- kommen, déi awer vläicht probéieren, nach an de Secondeaire européen kënne eranzekom- men, well et ganz prezis Ursache gëtt, datt se soen: „Dat doten, dat kann ech awer vläicht nach maachen.“ An och déi wëlle mer während där Zäit do ophuelen a kucken, ob mer se dohinner kënne kréien.

Ech kréien dann d’Fro gestallt, déi ass absolutt berechtigt: Wat maachen déi dann, wa se nom Enn vun deenen dräi Joer vun där Voie prépa- ratoire net de Sprong eriwuer an de Secondeaire gepackt hunn? Do hunn ech jo gesot: Da musse mer kucken, datt mer Offeren am Pro- fessionnelle kënne dévoppéieren. Domadder sinn ech jo ganz d’accord. Mä mir mussen eis awer och d’Fro stellen: Ma wou ginn déi dote Schüler dann haut hin? A wat fir ee Prépara- toire oder a wat fir eng Schoul gi se dann iwwerhaupt erëm eng Kéier hin? Och déi, soen ech lech, fanne mer zum Deel herno net méi an eiser ëffentlecher Schoul zrëck. Och deene maache mer keng adequat Offer hei am Land! Ech hu bis elo op jidde Fall nach keng deem- entspriedend gesinn.

Do sinn ech domadder d’accord, wann Der sot: „Mir hätte gären, datt de Préparatoire och méi franséischsproocheg gëtt.“ Ganz domad- der d’accord, doriwwer si mer amgang noze- denken, fir datt en och éischter sech opmécht fir déi dote Schüler. Mä bis ewell hu mer keng Äntwert dorobber. Bis ewell kréien déi eigent- lech scho ganz oft op der Septième gesot: „Et gëtt näischt, wat op däi Profil passt.“ Hei hu mer op d’mannst elo emol eppes geschaf vu Septième bis Neuvième, wat op hire Profil passt. A mir wësse jo och ganz genau, wéi et duerno weidergeet.

Ech hunn d’Impressioun, d’Madamm Hansen wëilt mech nach eng Kéier ënnerbriechen, Här President.

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann Dir domat d’accord sidd, kann d’Ma- damm Hansen selbstverständlech d’Wuert kréien.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Selbst- verständlech.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President, a Merci, Här Minister. Ech wollt just froen: Dëse Préparatoire ënnerläit jo awer dem Gesetz vun 2004,...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Jo.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- ...also dem Prinzip vum Lycée de proximité. Dat heescht, Dir kënnt lech Är Kanner, déi dohinnerkom- men, net auswien. Dir hutt also déiselwecht Populatioun vu Schoulkanner wéi an engem anere Préparatoire. Mengt Der da wierklech, datt Der do een Drëttel kënnt herno op Äre Bac européen kréien?

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Ech maachen elo hei keng Pronosticken, wéi vill datt mer der op de Bac européen kënne kréien. Ech fannen et gutt, datt mer dat dote maa- chen, datt mer och déi dote Sproochenoffer hu fir Kanner, déi éischter eng Orientatioun an de Préparatoire kréien, déi awer vläicht nach d’Chance hätten, herno kënne eriwuerzewies-

sele respektiv anzwousch aneschtens kënne hinzekommen. Et ass net u mir, fir hei Progno- sen ze maachen, wuer datt mer herno do hi- kommen, ob dat en Drëttel ass oder méi oder manner.

Et ass de Principe de proximité, wann et deen ass. Mir mussen awer wëssen, Dir hutt selwer gesot, mir hu ganz no bäi nach en anere grouse Préparatoire. Mir mussen awer och wëssen, datt mer hei sécherlech da mat deenen zwee Préparatoiren eng Iwwercapacitéit hunn, soudatt de Principe de proximité do net direkt spillt, datt mer eigentlech d’Capacitéit hunn och, fir aner Schüler aus anere Regiounen opzehuelen, déi wierklech de Profill hunn, fir an dës Voie prépa- ratoire eranzekommen.

Mir hätten dat och kënne an der Kommis- sioun awer maachen, Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hu just eng Zousazfro, wann Der erlaabt, eng lescht.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Jo.

► **Une voix**.- Oh neen!

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, also, ech hu jo...

► **Une voix**.- Demokratie, Meenungsfräiheet!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...der Kommis- sioun, mä et ass nach ëmmer net kloer!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mä den Här Minister ass elo schonn iwwer seng Riedezäit eraus. Ech hunn em dat kompen- séiert.

► **Une voix**.- Ech ginn em se.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech hunn em dat kompenséiert, wou en ënner- brach ginn ass. Eng leschte Kéier dann.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo, ech wollt just wëssen: Dir huet jo elo Kanner op an de Préparatoire op déi Section anglophone. An iergendwéi musst Der deene Kanner awer, a mengen Aen, soen - well de Gros wäert herno net kënne de Bac européen maachen! -, ier- gendwéi musst Der deene Kanner herno kënne soen oder elo scho kënne soen, wat se herno kënne maachen. Wéini mengt Der dann, datt Der déi Perspektiven hutt? Dir hutt elo gesot, an der Logistik géift Der wëllen eppes opbauen am Beräich anglophone. Ass dat ofgeschwat zum Beispill mat de Patronen? Déi Fro hat ech jo och virdru gestallt.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse*.- Ma ech hunn eigentlech op dat doten alles geäntwert. Ech hu gesot, datt mer dat dës le départ wëlles haten ze maachen, datt mer amgang sinn, mat de Schoulen dorunner ze schaffen, datt mer dat am Kontext vun der Formation professionnelle maachen a selbstverständlech mat de Patronen doriwwer wäerte schaffen. Dat hunn ech alles dës le départ gesot! Et steet am Exposé des mo- tifs vum Gesetz.

Här President, ech wëll awer kuerz vläicht nach eppes iwwert d’Lëtzeburgergesch soen an iwwert d’Parallelgesellschaften. Mir wäerte keng Paral- lelgesellschaft hei an där Schoul herno hunn. Et ass gesot gi ganz kloer, datt bei der Inscriptioun och Suerg gedroe gëtt, datt mer e gudd Mix vu Schüler hunn, datt ganz vill verschidde Schüler Interessi wäerte weisen, fir an déi Schoul do kënne ze kommen. Et wäerten och Schüler vu bausen, ausserhalb vum Land an déi Schoul do kommen, deene mer eng Chance ginn, en optimalen Astig iwwerhaupt an eis ëffentlech Schoul kënne ze hunn, wou mer haut eigent- lech deementspriedend Offeren net hunn.

Ech wëll just drun erënneren: Ganz vill jonk Por- tugise kommen am Alter vum Secondeaire mat engem gudden Englesch heihinner. A wa mer déi net an anglofon Klasse kréien, da si se ganz oft verluer. Dat ass eng Realitéit. Hei maache mer och eppes fir déi dote Leit, déi souwisou ganz oft an där doter Regioun och wunnen. Mir sollen net maachen, wéi wann dat der wäeren, déi vum Mars heihinner géife kommen. Dat sinn eis Kanner! Dat sinn d’Kanner vun eisen Awun- ner, haut schonn! A mir maachen eppes fir déi.

Parallelgesellschaften, denken ech, kréie mer éischter, wa mer weiderhin 3.000 Schüler ein- fach ausserhalb vum Land an d’Schoul schécken an hinnen hei keng Offer maachen, amplat datt mer se hei opfänken, mat klore Perspektiven, mat engem Modell, deen eis ëffentlech Schoul méi villfältig, méi divers mécht an en neie Mo- dell innerhalb vun eiser ëffentlecher Schoul schafft, fir deenen dote ganz kloer eng Perspek- tiv kënne ze bidden.

Et ass en Deel vun eise Schoulsystem, wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt. Mir maachen hei näischt laanscht eise Schoulsystem! An eise Schoulsystem muss méi villfältig, muss méi faarweg, muss méi oppe ginn, fir der Bevölke- rung vun eise Land ze entsprieden.

An dann nach eppes: Et ass gesot gi vum Här Kartheiser, mir géifen d’Identitéit vun eise Land mat dësem Projet hei verännern. Ech hu mer nach e puer Saache virgeholl. Dat dote weess ech, datt ech et net wäert packen.

Villmools Merci!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An dat ass gutt!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(*Interruption par M. Gast Gibéryen*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Erzéiungsminister.

Domat wäere mer um Schluss vun eiser Diskus- sioun ukomm a mir kéinten zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet 6818.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6818 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6818 ass mat 32 Jo-Stëmmen, 5 Nee-Stëmmen, bei 23 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro- berto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie An- drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé- lix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d’Chamber bereet, d’Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(*Assentiment*)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et schéngt mer eng Majoritéit ze sinn.

(*Hilarité*)

Dann ass dat esou décidéiert, à moins dass Der op en elektronische Vott insistéiert.

(*Négation*)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Ech gesinn dat aus Äre Minnen.

A mir géifen dann zum nächste Projet iwwer- goen. Dat ass de Projet de loi 6863. Ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Alex Bodry. Jo, Här Bodry, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- All Dag! All Dag eng Proposition de loi!

3. Dépôt d’une proposition de révi- sion de la Constitution par M. Alex Bodry

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Awer am Numm vu ganz ville Leit maachen ech dat dës Kéier.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d’Éier, fir am Numm vun der grou- ser Majoritéit vun de Membere vun der Com- mission des Institutions et de la Révision consti- tutionnelle eis Proposition de révision vum Arti- kel 32. (4) vun eiser Verfassung hei ze depo- néieren. Dir wësst, do geet et ëm wat mer elo definéieren als „état d’urgence“, wat haut defi- niéiert ass als en „cas de crise internationale“, wou d’Regierung ënner gewëssenen Émstänn vum Parlement Pouvoiren, spezial Pouvoire kritt, fir kënne iwwer Règlement grand-ducal och a Matièreen, déi souguer duerch d’Verfas- sung dem Gesetz virbehale sinn, ze regléieren.

Dat maache mer, allerdéngs net, ouni d’Cham- ber méi staark wéi haut ze implizéieren an dee ganze Prozess vun de Plein-pouvoiren an